SÉANCE 47

Mercredi, 11 juillet 2007

Présidence: M. Lucien Weiler, Président
M. Jos Scheuer, Vice-Président

Ordre du jour

1. 5605 - Projet de loi

1) relative à l'organisation du marché de l'électricité;

2) instaurant un poste de Commissaire du Gouvernement à l'Énergie;

3) abrogeant

- la loi modifiée du 14 décembre 1967 portant institution d'un poste de Commissaire du Gouvernement, portant création d'un Service de l'énergie de l'État et concernant l'exploitation des centrales hydroélectriques d'Esch-sur-Sûre et de Rosport;
- la loi du 4 janvier 1928 concernant l'établissement et l'exploitation des réseaux de distribution d'énergie électrique dans le Grand-Duché de Luxembourg approuvant la convention de concession du 11 novembre 1927 ainsi que ses annexes;
- la loi du 30 juin 1927 approuvant le contrat de fourniture de courant du 11 avril 1927 pour l'électrification du Grand-Duché de Luxembourg;
- la loi du 2 février 1924 concernant les distributions d'énergie électrique dans le Grand-Duché de Luxembourg;
- la loi modifiée du 24 juillet 2000 relative à l'organisation du marché de l'électricité;

et

4) modifiant

- la loi du 30 mai 2005 portant 1) organisation de l'Institut Luxembourgeois de Régulation; 2) modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État;
- la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État

et

5606 - Projet de loi relative à l'organisation du marché du gaz naturel et abrogeant la loi modifiée du 6 avril 2001 relative à l'organisation du marché du gaz naturel et portant modification 1) de la loi modifiée du 24 juillet 2000 relative à l'organisation du marché de l'électricité et 2) la loi modifiée du 14 décembre 1967 portant institution d'un poste de Commissaire du Gouvernement, portant création d'un Service de l'énergie de l'État et concernant l'exploitation des centrales hydroélectriques d'Esch-sur-Sûre et de Rosport

(Rapports de la Commission de l'Économie, de l'Énergie, des Postes et des Sports - Discussion générale)

2. Dépôt d'une proposition de loi

3. Projets de loi 5605 et 5606

(Discussion générale - suite - Amendements - Votes et dispenses du second vote constitutionnel - Motions)

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Jeannot Krecké et Jean-Marie Halsdorf, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.30 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet déi groussherzoglech Regierung der Chamber eng Kommunikatioun ze maachen?

M. Jeannot Krecké, *Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.*- Esou wäit nach net, Här President.

M. le Président.- Da waarde mer bis spéider.

(Hilarité)

Mir kommen zur Diskussioun vun de Projets de loi 5605 a 5606 iwwert de Maart vum Stroum a vum Gas. Béid Projete ginn an enger Diskussioun behandelt. D'Riedezäit ass nom Modell 3 festgeluecht. Et si bis elo ageschriwwen: d'Madame Hetto, d'Madame Brasseur, déi Häre Scheuer, Kox, Mehlen, Henckes an den Här Jaerling. D'Wuert huet elo de Rapporteur vu béide Projets de loi, den honorabelen Här Alex Bodry. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

1. 5605 - Projet de loi

1) relative à l'organisation du marché de l'électricité;

2) instaurant un poste de Commissaire du Gouvernement à l'Énergie;

3) abrogeant

- la loi modifiée du 14 décembre 1967 portant institution d'un poste de Commissaire du Gouvernement, portant création d'un Service de l'énergie de l'État et concernant l'exploitation des centrales hydroélectriques d'Esch-sur-Sûre et de Rosport;

- la loi du 4 janvier 1928 concernant l'établissement et l'exploitation des réseaux de distribution d'énergie électrique dans le Grand-Duché de Luxembourg approuvant la convention de concession du 11 novembre 1927 ainsi que ses annexes;

- la loi du 30 juin 1927 approuvant le contrat de fourniture de courant du 11 avril 1927 pour l'électrification du Grand-Duché de Luxembourg;

- la loi du 2 février 1924 concernant les distributions d'énergie électrique dans le Grand-Duché de Luxembourg;

- la loi modifiée du 24 juillet 2000 relative à l'organisation du marché de l'électricité;

et

4) modifiant

- la loi du 30 mai 2005 portant 1) organisation de l'Institut Luxembourgeois de Régulation; 2) modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État;

- la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État

et

5606 - Projet de loi relative à l'organisation du marché du gaz naturel et abrogeant la loi modifiée du 6 avril 2001 relative à l'organisation du marché du gaz naturel et portant modification 1) de la loi modifiée du 24 juillet 2000 relative à l'organisation du marché de l'électricité et 2) la loi modifiée du 14 décembre 1967 portant institution d'un poste de Commissaire du Gouvernement, portant création d'un Service de l'énergie de l'État et concernant l'exploitation des centrales hydroélectriques d'Esch-sur-Sûre et de Rosport

Rapports de la Commission de l'Économie, de l'Énergie, des Postes et des Sports

M. Alex Bodry *(LSAP), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat deenen zwee Gesetzesprojeten 5605 a 5606 iwwert d'Organisatioun vum Stroum respektiv vum Gasmaart hei zu Lëtzebuerg gëtt dat gesetzlecht Ëmfeld vun der Energiepolitik a wesentleche Punkten nei definéiert.

Reng formal gesinn, ginn insgesamt véier europäesch Direktiven aus de Joren 2003, 2004 an 2005 an d'Nationalrecht iwwerholl. Déi Direktive betreffen an éischter Hisiicht d'Festleeë vu gemeinsame Regele fir de Bannemaart vum Stroum a vum Gas.

Dës zwou Direktiven hätte scho misse bis zum 1. Juli 2004 an Nationalrecht ëmgesat ginn. Déi zwou reschtlech Direktive betreffen d'Froe vun der Versuergungssécherheet beim Elektreschen a beim Gas. Bei der Ëmsetzung vun deenen zwou leschten Direktive leie mer besser, well do d'Ëmsetze bis zum 19. Mee 2006 respektiv bis zum 24. Februar 2008 ze geschéien huet.

Et bleift - an dat wëll ech awer hei betounen - déi bedauerlech Tatsaach, dass Lëtzebuerg wéinst Netëmsetzung vun deenen heite wichtegen Texter duerch Décisioun vum 28. September 2006, also en Arrêt vum Europäesche Geriichtshaff op Demande vun der Europäescher Kommissioun, verurteelt ginn ass. Virun e puer Deeg - ufanks vun dësem Mount - sinn nei Avis motivés vun der Kommissioun géint Lëtzebuerg lancéiert ginn. Lëtzebuerg ass also nach eng leschte Kéier somméiert ginn, fir déi doten europäesch Direktiven ëmzesetzen. Wann dës Transpositioun an d'Nationalrecht net an deenen nächste Woche geschitt, da muss Lëtzebuerg mat säftege Strofe rechnen, dat opgrond vum Artikel 228 vum Europäeschen Traité.

Dëse considérabele Retard bei der Ëmsetzung vun zwou wichtegen Direktiven ass schwéier ze entschëllegen, och wann et selbstverständlech, wéi ëmmer, Erklärunge fir déi Retarde gëtt. Ech wëll just hei kloerstellen, dass d'Schold un deene Retarden net bei der Chamber läit, déi sech an der Wirtschaftskommissioun an net manner wéi 19 Sitzunge mat deenen zwee Projete befaasst huet zënter dem Januar vun dësem Joer.

Mäin ausdréckleche Merci als Rapporteur geet u sämtlech Membere vun der Kommissioun, besonnesch och un de Sekretär, un eise Fraktiounspool wéi och un d'Experte vun der Regierung, déi eis déi ganzen Zäit bei eisen Aarbechte begleet hunn. D'Préiwung vun deenen zwee Gesetzesprojeten, déi ganz technesch ausgeriicht sinn, awer e gewëssene politeschen Zündstoff och beinhalten, ass sécherlech och eng kollektiv Leeschtung.

Och wa mer zum Schluss vun eisen Aarbechten an engem gewëssenen Zäitdrock stoungen, mengen ech zumindest, dass mer et fäerdeg bruecht hunn, eis Aarbechte seriö a korrekt an engem enken Zäitraum auszeféieren. Dat eleng geet och schonn aus der Zuel vun den Amendementer ervir, déi mer net nëmme gepréift hunn, mä déi mer och selwer als Kommissioun verfaasst hunn an dem Statsrot pour Avis zougeschéckt hunn.

Dës zwee Avisë vum Statsrot, och wa mer inhaltlech vläicht net ëmmer 100%eg domadder averstane waren, waren awer ouni Zweifel eng wäertvoll Hëllef bei eisen Aarbechten; och déi sëllechen aner Avisë vun de Chambre-professionnellen. Och eenzel Acteuren am Energieberäich, déi hir schréftlech Stellungnahmen eragereecht hunn, ware vu grousser Hëllef, vu groussem Notzen, och wa mer och do net all Suggestioune konnte berücksichtegen.

Ech entschëllege mech derfir, dass mer d'Demande-d'entrevuen, déi och op eis eragereent sinn an deene leschte Wochen, nach net konnte berücksichtegen. Mä all déi, déi eng Entrevue gefrot hunn, hunn och e schréftlechen Text bei eis eraginn, esou dass mer awer d'Argumenter an d'Uleies vun deenen eenzelne Parteie kannt hunn.

Ech wëll och nach eng aner prinzipiell Bemierkung maachen zu deem heiten Dossier. Et ass erëm eng Kéier, mengen ech, kloer gi bei esou technesch-politeschen Dossieren, déi eng gewëssen Envergure hunn, dass mer mat eisen traditionellen Aarbechtsmethoden an och dem traditionellen Aarbechtsrhythmus hei an der Chamber op d'Grenze vun eise Méiglechkeeten als Parlament stoussen.

Erëm eng Kéier stellt et sech eraus, dass zum Beispill d'Schafen hei an der Chamber vun enger juristescher Zell, vun engem Service also, dee géif en Iwwerliese vun de Gesetzestexter maachen, onbedéngt noutwendeg ass. Dat gëtt et och zum Beispill um Europäesche Geriichtshaff hei zu Lëtzebuerg, wou all Arrêten nach eng Kéier vu Juristen einfach formal gesinn iwwerpréift ginn. Dat wär sécherlech och nëtzlech fir déi vill Texter, déi mer hei hunn, wann een och hei als Chamber iwwer esou eng Zell kéint verfügen. Déi géif also, wéi gesot, reng formal, juristesch déi eenzel Texter nokucken. Sécherlech wär et och net vu Muttwëll, wann en ähnleche Service och op Regierungsniveau géif bestoen.

Wat elo den Detail vun deenen zwee Projets de loi ugeet, verweisen ech op déi relativ voluminéis schréftlech Dokumenter, besonnesch och déi zwee Rapporten, déi vun der zoustänneger Kommissioun ugeholl si ginn. Ech wëll lech also hei net onnéidegerweis mat ville besonnesch techneschen Eenzelheete langweilen, mä ech wëll méi konzentréiert op eng Rei vu Changementer agoen, déi duerch déi nei Gesetzer wäerten entstoen.

Duerno an engem zweeten Deel versichen ech dann op e puer méi kontrovers Themen am Detail anzegoen, déi am Laf vun eisen Diskussiounen an der Kommissioun opgedaucht sinn. Woubäi ech - do wéilt ech och e Versteesdemech - déi zwee Texter wëll an engem mëndleche Rapport hei behandelen.

Ech géif mech haaptsächlech op de Stroumdossier konzentréieren, well dat eigentlech dee komplexesten Dossier ass. Et ass och do, wou déi gréissten Diskussioune waren, wat eenzel Dispositioune vun de Gesetzesprojeten ugeet.

Et ass nämlech esou, dass an deem dote Beräich d'Regierung probéiert hat, eng Rei vu spezielle Bestëmmungen, déi haut bestinn, notamment en faveur vun Netzbedreiwer, an engem neie Gesetz ze iwwerhuelen, wat eng Rei vu prinzipielle Froen opgeworf huet. Am Géigesaz zum Gassecteur gëtt beim Stroum e Service universel definéiert, mat enger ganzer Rëtsch vu Regelen, Obligatiounen, déi drunhänken. Duerfir sinn d'Problematik an och den Text méi komplex beim Stroum wéi beim Gas.

Mä derniewent natierlech gëtt et eng ganz Rëtsch vun Deeler vun den zwee Gesetzesprojeten, déi vergläichbar sinn a wou d'Regierung probéiert huet, fir de Spezifissitéite vun deenen zwee Secteuren all Kéiers Rechnung ze droen.

Erlaabt mer dann - an ech kommen awer schonn zu enger Rei vun inhaltleche Froen, déi sech stellen - e puer méi grouss Virbemierkungen ze maachen zum Inhalt.

Éischt Bemierkung: Bei deenen zwee Gesetzesprojeten dréit et sech drëm, de Stroum an de Gasmaart nei ze organiséieren. Dat ass deen eenzegen Objektiv vun deenen Texter. Dës Texter hunn also keen allgemenge Charakter. Si sinn net ausgeriicht, fir all Froen, déi mat Energie ze dinn hunn, ze regelen. Duerfir gëtt et aner gesetzlech Grondlagen, wéi zum Beispill d'Gesetz vun 2003 iwwert d'rationell Notzung vun der Energie.

Duerfir konnte mir och e gudden Deel vun den Amendementer vun der grénger Fraktioun net berücksichtegen, well hir Propositiounen haten eigentlech mat dësem Stroumgesetz näischt ze dinn, well se aner Froe behandelt hunn.

Net méi spéit wéi e Méindeg hu jo och de Wirtschafts- an den Ëmweltminister der Chamber Opschloss ginn iwwert déi zukünfteg staatlech Hëllefe beim Energiespueren a bei der Produktioun vun erneierbaren Energien oder och nach bei der Energieberodung. Bei dëser bemierkenswäerter Regierungsinitiativ gëtt versicht, Ëmwelt- a Klimaschutz opgrond vun enger wëssenschaftlecher Potenzialanalys mat wirtschaftlecher Iwwerleeung ze verbannen. Hei ginn déi néideg reglementaresch awer och finanziell Ureizer geschaf, déi mer brauchen, fir eng op Nohaltegkeet ausgeriichten Energiepolitik zu Lëtzebuerg ze erméiglechen, déi och wäert nei Investissementer an nei Aarbechtsplazen an deem dote Beräich zu Lëtzebuerg kënne schafen.

D'Organisatioun vum Energiemaart dierf natierlech esou enger Politik net entgéintstoen, déi misst eigentlech esou eng Politik favoriséieren.

Déi zweet Virbemierkung: Duerch dës europäesch Direktive gëtt déi virleefeg lescht Etapp vun der Liberaliséierung vu Stroum a Gas duerchgezunn. Lëtzebuerg huet, souwäit ech dat beuerteele kann, iwwert déi lescht laang Joren, wou déi dote Froen op europäeschem Plang an der Diskussioun waren, an der Regel net zu deene Länner gehéiert, déi där Liberaliséierungseuphorie verfall sinn, mä zu deenen, déi eigentlech mat enger zolitter Skepsis un déi dote Virschléi erugaange sinn.

Dës méi kritesch Positioun, déi d'Lëtzebuerger Regierungen an der Regel haten, huet sech menger Usiicht no als net falsch erwisen, well all Zuele schéngen ze beleeën, dass besonnesch de Klengverbraucher net automatesch op der Gewënnersäit ass, wat d'Präisser wéi och d'Versuergungssécherheet ugeet, wann d'Konkurrenz an engem fräie Maart voll zum Droe kënnt. D'Enn vun der Tarifpéréquatioun kënnt sech nodeeleg fir hien auswierken.

Während Länner wéi Groussbritannien an de Joren '98 an '99, Däitschland 1998, Éisträich 2001 oder och eenzel skandinavesch Länner scho viru Joren den Energiemaart fréizäiteg fir d'Konkurrenz opgemaach hunn, gehéiert Lëtzebuerg mat Frankräich, mat der Belsch mat zu deene Staten, déi d'Délaien an och gréisstendeels d'Phase vun der Direktiv voll ausgeschöpft hunn.

Den Zweck vun deem war jo eigentlech fir et ze erméiglechen, dass d'Acteuren um Lëtzebuerger Energiemaart d'Geleeënheet hätten, fir sech mat Zäiten op en neit, méi oppend a méi konkurrenziellt Ëmfeld anzestellen. Ob dat a genügendem Mooss geschitt ass, wäert sech a kierzester Zäit erausstellen.

Traditionell ass jo d'Organisatioun vun eisem Stroum- a Gasmaart duerch eng staark Presenz vu Stat a Gemengen, deelweis a Partnerschaft mat privaten Energiekonzerner, geprägt. Et gëtt kaum e wirtschaftleche Beräich, wou d'Presenz vum Stat esou staark ass - an do ass zu Lëtzebuerg och keng Ausnahmesituatioun, dat gëtt et och an anere Länner -, an dat huet bis elo erméiglecht, dass déi öffentlech Interesse berücksichtegt konnte ginn. Dësen Avantage am aktuelle System soll probéiert ginn an deen neie Regime, a seng praktesch Ëmsetzung um Terrain eriwwergeholl ze ginn.

Déi drëtt Virbemierkung: Entgéint deem, wat de Statsrot a sengen Avisë schéngt zum Ausdrock ze bréngen, beschränkt sech dat honnertprozentegt Opmaache fir d'Konkurrenz op d'Beräicher vun der Produktioun an de Fournituren, dat heescht, den Akaf an de Verkaf vun Elektresch a vu Gas. D'europäesch Texter gesinn ausdrécklech vir, dass bei den Transport- a Verdeelernetzer déi natierlech Monopole solle bestoe bleiwen. Et soll iwwert deen dote Wee verhënnert ginn, dass et zu engem parallelle Bau vu groussen Infrastrukture vun eenzelnen Energienetzer kënnt, wat weder wirtschaftlech nach ëmweltpolitesch oder urbanistesch ze vertriede wär.

Dat ass zum Beispill e groussen Ënnerscheed zum Beräich vun den Telekommunikatiounen a vum Mobiltëlefon. Transport an Distributioun gehéieren zum sougenannten „Marché régulé", während Produktioun a Liwwerung vu Gas a Stroum zum liberaliséierte Marché gehéieren. Fir dass de fräie Maart ka spillen, muss awer selbstverständlech de fräien Zougang zu den Energienetzer garantéiert ginn, zu Notzungspräisser, déi korrekt berechent musse ginn.

Fir dës nei Gesetzer elo duerzestellen an anzeschätzen, wëll ech mech drop beschränken, mech haut an d'Haut vum Endclient, vum sougenannten Otto-Normalverbraucher, ze setzen.

Wat wäert sech fir hien änneren ab dem 1. Juli 2007, oder wat huet sech fir hie verännert ab dem 1. Juli 2007, oder spéitstens wann déi zwee Gesetzesprojeten hei a Kraaft sinn?

De Client, all Haushalt huet d'fräi Wiel vu sengem Gas- a Stroumliwwerant. Nach muss hie selbstverständlech e Fournisseur fannen, dee bereet ass, him déi gewënschten Energie ze liwweren zu vu béide Säiten akzeptéierte Konditiounen. Bis et zu engem neie Liwwerungsvertrag kënnt, gëtt awer duerch d'Gesetz garantéiert, dass de bestehende Fournisseur seng Prestatioune weiderféiert, soufern de Client him selbstverständlech d'Contrepartie liwwert, dat heescht, och déi Prestatioune bezilt. Kee brauch also elo ze mengen, e misst direkt en neie Kontrakt ofschléissen, mä u sech kann déi bestehend Situatioun weiderlafen.

D'Erfahrungen am Ausland weisen och, dass et, besonnesch wat déi kleng Clienten, also d'Haushaltsclienten ugeet, normalerweis net direkt zu gréissere Bouleversementer komm ass, wat d'Energieversuergung ubelaangt. Wann et zu Änderunge kënnt, da maachen déi sech éischter schläichend, an net vun haut op muer.

Beim Elektresche féiert d'Gesetz e sougenannten Universalservice fir kleng Clienten an. Dësen Universalservice begräift d'Recht vu jiddferengem fir un d'Netz ugeschloss ze ginn, d'Festleeë vun engem vertragleche Kader, deen de Client schützt, an och e spezielle Regime beim Oftrenne vun der Stroum- a Gasversuergung beim Netbezuele vun de Rechnungen. Schliesslech kritt de Minister en Abléck an d'Präistarifer. Den Approvisionnement vum Client bleift am Normalfall garantéiert, och wann e Fournisseur ausfält. D'Informatioune vum Client iwwert d'Herkunft vum Stroum gi verbessert.

Am Stroumberäich bréngt d'Gesetz och vill Neierunge fir den Netzbedreiwer. Hei befanne mer eis bekanntlech op engem geregelte Maart, um Marché régulé, an duerfir ass et och normal, dass do eng ganz Rëtsch vu Regelen ze respektéiere sinn. Et gëtt e Konzessiounssystem agefouert. D'Regele vun der buchhalterescher Trennung tëschent der Verkafsaktivitéit an der Netzbedreiwung gi weidergefouert - déi gëtt et eigentlech schonn haut. Eng juristesch Trennung tëschent deenen zwou Aktivitéiten ass awer eréischt obligatoresch fir Netzbedreiwer mat iwwer 100.000 Clienten.

Fir de Gasberäich gëllen d'Regele vun der buchhalterescher Trennung och schonn haut, dat gëtt weidergefouert, mä de regelrechten «Unbundling» gëllt nëmme fir d'Transportnetzbedreiwer, an dat ab dem 1. Juli 2009.

Och beim Gas gëllt en Autorisatiouns- statt engem Konzessiounsregime, wéi beim Stroum.

Bei Elektresch a Gas mussen d'Notzungstarifer vun den Netzer vum Minister guttgeheescht ginn. A béide Beräicher gëtt d'Versuergungssécherheet groussgeschriwwen; dat war jo den Objet vun zwou Direktiven, déi mer gläichzäiteg hei mat an d'Nationalrecht iwwerhuelen. D'Netzbedreiwer mussen duerfir an Zukunft e Fënnefjoresplang erstellen iwwert d'Entwécklung vun hirem Netz, iwwert déi Investissementer, déi si plangen an deenen nächste fënnef Joer am Netzberäich ze maachen, an déi dote Programmer mussen erëm all zwee Joer ajustéiert ginn. D'Kontroll vun der Versuergungssécherheet läit besonnesch an den Hänn vum Regierungskommissär fir Energie.

Net zréckbehalen an deem definitiven Text goufen eng Partie Dispositiounen, déi d'Zivilresponsabilitéite vu Stroumnetzbedreiwer aschränke sollten, wéi dat gréisstendeels och am Ausland de Fall war. Gradesou huet sech de Statsrot enger Regelung widdersat, déi sollt dem gréissten Netzbedreiwer Virrechter bei engem Netzverkaf zousécheren. Och déi am Regierungsprojet verankert Privilegië bei der Notzung vun öffentlechem a besonnesch privatem Eegentum bei Aarbechten, déi vum Netzbedreiwer duerchgefouert ginn, sinn um Nee vum Statsrot zumindest deelweis gescheitert.

Hei wäert an Zukunft also den Droit commun spille bei deenen eenzelnen Autorisatiounen, soufern privat Propriétéite concernéiert sinn. De Statsrot huet de Gläichheetsprinzip virum Gesetz ugefouert, fir sech enger gesetzlecher Weiderschreiwung vu bestehende Spezialrechter, déi haut op dem Konzessiounsvertrag mat der Cegedel foussen oder op aneren Accorden, ze widdersetzen.

Eenzel Kompromëssvirschléi, déi mer als Kommissioun gemaach hunn, well mer der Iwwerzeegung waren, dass et eigentlech méiglech wär, eng Léisung ze fannen tëschent de Vuë vun der Regierung op där enger Säit, déi dat wollt festschreiwen, wat et vu Spezialrechter haut gëtt, an der prinzipieller Oppositioun vum Statsrot wéinst deem Gläichheetsprinzip op där anerer Säit, déi Textformatiounen, déi mer probéiert hunn an d'Diskussioun eranzebréngen, si leider net am Detail vum Statsrot examinéiert ginn. Hien huet sech eigentlech drop beschränkt, seng scho virdru geäussert Opposition formelle einfach ze widderhuelen.

Mir mengen also, dass do sech wäert d'Fro stellen, wéi sech an der Praxis déi nei Gesetzgebung um Terrain wäert duerchsetzen, ob dat praticabel ass oder ob net awer spéiderhin eventuell nach muss legislativ nogebessert ginn op deem dote Punkt, wa sech wierklech an der Praxis gréisser Schwieregkeete bei Aarbechten am Stroum- oder am Gasberäich bei groussen Infrastrukture kënnte stellen.

Ech géif et op jidde Fall als Rapporteur gutt fannen, wa mer an engem Joer géifen e klengen Tëschebilan zesumme mat der Regierung zéien, fir ze kucken, wat déi praktesch Erfahrungen am Ëmgang an an der Ëmsetzung vun deenen neie gesetzleche Bestëmmunge sinn, an dann eventuell dorauser ofleeden, ob et néideg ass, nach legislativ Initiativen an deenen dote Beräicher ze huelen, fir Korrekturen unzebréngen.

E puer Wuert wëll ech och zu de Stroumproduzente soen. Hei gëtt elo eng Autorisatiounsprozedur beim Minister agefouert. Dës Genehmegungsflicht gëllt allerdéngs net fir Installatiounen am Beräich Kogeneratioun an erneierbar Energië bis 10 Megawatt. Am Gasberäich gëtt et en Zougangsrecht fir Biogasproduzenten zum Naturgasnetz - dat ass nei! -, an och an deem Beräich gëtt eng gesetzlech Basis geschafe fir d'Aféierung vun enger Ursprungsgarantie fir Biogas.

Beim Stroum a beim Gas gëllt an Zukunft eng Genehmegungsprozedur bei de Fournisseuren, déi hei am Land Energie verkafen. Si si gehalen, dem Régulateur, dem ILR, an dem Minister eng Rei vun Informatiounen iwwer hir Aktivitéiten ze liwweren. Hir Reglementatioune mat de Clienten ënnerleien allgemenge Bestëmmungen, dat heescht Conditions générales, déi gewëssene Kritären entsprieche mussen. Beim Elektresche sinn d'Verkeefer gehalen, hir Clienten iwwert d'Zesummesetzung vun hirer Energie ze informéieren. Hei dréit et sech besonnesch ëm den Undeel vu Stroum aus Kogeneratioun an op der Basis vun erneierbaren Energien.

An dësem Zesummenhang vun der Informatioun vum Bierger an dem Aféiere vun engem Etiquetagesystem géife mer wëllen hei an der Chamber eng Motioun déposéieren, déi mer gemeinsam an der Kommissioun décidéiert hunn. Ech hu se bis elo eleng ënnerschriwwen. Si ass natierlech op fir och nach aner Ënnerschrëften.

An där Motioun froe mer d'Regierung, fir schnellstméiglech dat néidegt Ausféierungsreglement ze huelen, well d'Chamber selwer ka keng Ausféierungsbestëmmunge vu Gesetzer huelen. Dat kann nëmmen d'Exekutiv, also d'Regierung, maachen. Si soll also do schnellstméiglech dat ëmsetzen, wat am neie Gesetzestext steet, a si soll dofir suergen, dass mer en uniformiséierten Informatiounssystem kréien, wou also ëmmer déi gläich Informatioune gefrot ginn, fir dass se comparabel sinn eng mat där anerer - besonnesch och iwwert déi eenzel Forme vun erneierbaren Energien. An déi Informatioun soll esou breet wéi méiglech gestreet ginn.

Mir hätte gären, dass dat Reglement, wat dat doten a Musek kann ëmsetzen, spéitstens fir den 1. Januar 2008 a Kraaft ass. Dat geet aus där Motioun eraus, déi ech dann hei dem President iwwerreechen an den Dépôt dann hei offiziell maachen.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- considérant l'article 18 du projet de loi relative à l'organisation du marché de l'électricité, prévoyant l'instauration d'un système de garantie d'origine pour l'électricité produite à partir de sources d'énergie renouvelables et de la cogénération, ainsi que l'article 49 du projet de loi précité fixant les règles de facturation aux clients finals;

- considérant l'article 21 du projet de loi relative à l'organisation du marché du gaz naturel, qui prévoit l'établissement d'un système de garantie d'origine pour la production de biogaz, de gaz issu de la biomasse ou d'autres types de gaz basés sur des sources d'énergie renouvelables;

- considérant l'importance de l'«étiquetage» de l'électricité et du gaz en fonction de leurs sources d'énergie primaires, permettant aux clients finals de choisir leur fourniture d'énergie en parfaite transparence et connaissance de cause;

- consciente que les systèmes luxembourgeois de garantie d'origine seront largement tributaires des données fournies de la part des importateurs étrangers d'énergie, relevant de législations nationales différentes, et qu'à l'heure actuelle, une réglementation européenne afférente fait défaut;

invite le Gouvernement

- à élaborer les règlements d'exécution prévus aux articles susmentionnés dans les meilleurs délais afin d'en assurer la mise en vigueur pour le 1er janvier 2008;

- à assurer une information très large et uniformisée des clients résidentiels sur l'origine détaillée de l'énergie fournie.

(s.) Alex Bodry, Françoise Hetto-Gaasch, Henri Kox, Marcel Sauber, Marco Schank.

Et ass an deemselwechten Zesummenhang ze bedaueren, dass et bis elo op europäeschem Plang net méiglech war, sech op en eenheetleche System ze eenegen, wat vill méi einfach wär, fir herno dat Ganzt duerchzeféieren, well elo sinn eigentlech déi eenzel Fournisseuren och hiren nationale Législatiounen ënnerworf, déi aner Regele vu Land zu Land festleeën, an dat dréit net onbedéngt zu méi Transparenz vun deem ganze System bäi. Mä dat soll eis awer net dorun hënneren, eis eegen Hausaufgab esou schnell wéi méiglech ze maachen an deen dote System vun der Ursprungsgarantie a vun der Informatioun vum Bierger herno op den eenzelne Facturen ze berücksichtegen, fir dass mer deen och kënne konkret an engem ganz generéise Sënn ëmsetzen.

Ier ech elo an engem zweeten Deel op eng Partie méi kontrovers Punkten nach eng Kéier am Detail wollt zréckkommen, wollt ech e puer Wuert soen zu där allgemenger politescher Approche, déi mir eigentlech an den Aarbechte vun eiser Kommissioun haten, fir un déi Texter vun der Regierung erunzegoen.

Déi Approche, déi mir haten, déi läit sécherlech am Kär méi no bei der Haltung, déi d'Regierung hat, wéi bei där Philosophie wéi se eigentlech aus den Avisë vum Statsrot ervirgeet, wat eng Philosophie ass, déi ganz staark vu wirtschaftsliberale Gedanke geprägt ass an déi an eisen Aen esou net voll ka gëllen.

Als Kommissioun wollte mir d'Direktiv propper, am léifsten eent zu eent, ëmsetzen. Do wou de Memberstaten allerdéngs eng Marge de manoeuvre, eng Marge d'appréciation vun den Direktiven zougestane gëtt, wollte mer och vun dëser Fräiheet profitéieren, fir déi bestehend Strukturen an Acteuren um Lëtzebuerger Stroum- a Gasnetz ze berücksichtegen.

Hei baue mer net aus dem Näischt en neie System op, mä et geet drëm, dass mer de bestehende System upassen un nei Regelen. An et ass eng breet gedeelte Suerg gewiescht an där zoustänneger Chamberskommissioun, fir ze verhënneren, dass d'öffentlech Hand soll d'Kontroll iwwert d'Stroum- an d'Gasnetzer verléieren.

Am Géigendeel, mir sinn alleguerten der Meenung gewiescht, dass de Stat an d'Gemengen zumindest majoritär an zukünftegen Netzbedreiwerstrukture solle vertratt

sinn. Dat ka geschéien an enger grousser nationaler Netzgesellschaft, an zwou nationalen Netzgesellschaften. Dat ka geschéien och a méi Netzgesellschaften. Wat ech mer allerdéngs géif wënschen, dat ass, dass esou eng national Léisung - fir déi ech perséinlech eng Preferenz hätt - net un iergendwelleche Lokalpatriotismusse géif scheiteren.

Derniewent wollt ech och ervirsträichen, dass esou eng Interessekonzentratioun vum Stat elo op d'Netzer net sollt mat engem komplette Réckzuch vu Stat a Gemengen aus de Verkafs- a Produktiounsstrukture verbonne ginn. Et ass wichteg, eng Kontroll iwwert d'Netzer vu Gas a Stroum ze hunn, et ass awer och wichteg, dass de Stat, deelweis och d'Gemengen, nach present sinn, och an aneren Aktivitéiten am Gas- an am Stroumberäich, wéi dat historesch jo och hei zu Lëtzebuerg de Fall ass. An eigentlech si mer, mengen ech, gutt gefuer mat där historesch gewuessener Struktur, mat deene Prozeduren, wéi mer se hei zu Lëtzebuerg kennen, a mir verfügen iwwer e wierksamt Netz an deenen zwee Beräicher.

Mir haten och d'Suerg, als Kommissioun, vum Héichhale vum öffentlechen Intérêt an engem sensibele Beräich och fir déi wirtschaftlech Entwécklung vum Land a fir d'Liewe vun all Bierger. An et geet och net zulescht bei all deenen heite Froen ëm d'Erhalen a vläicht d'Neischafe vun Aarbechtsplazen am Energiesecteur.

Komme mer elo ganz kuerz zu eenzelne méi kontroverse Punkten, wéi se an der legislativer Prozedur opgedaucht sinn.

Deen éischte Punkt, deen ech wollt uschneiden, dat ass jo deen, deen haaptsächlech an der öffentlecher Diskussioun an deene leschten Deeg a Woche war, dat ass d'Fro: Wéi sinn d'Acteuren, besonnesch d'Gemengen, eigentlech preparéiert op déi nei Situatioun, déi elo op se duerkënnt?

Woubäi ech wëll betounen, dass déi Situatioun esou nei erëm net ass, well eis jo mindestens zënter 2002 bekannt war, wéi déi eenzel Etappe vum Opmaache vum Energiemarché géifen ausgesinn, an dass et gewosst war, dass also no an no do géif d'Konkurrenz méi spillen, dass gewëssen Trennunge misste gemaach ginn, an dass sech eng ganz Rëtsch vu praktesche juristesche Problemer och géife stelle fir d'Gemengen, déi jo traditionell hei am Energiesecteur och eng staark Presenz hunn.

Dat gëllt besonnesch fir d'Stad Lëtzebuerg. Dat gëllt awer och fir eng Gemeng wéi Esch a fir aner Gemengen am Stroumberäich respektiv och am Gasberäich, wou et och en Zesummeschloss gëtt vun eenzelne Gemengen, fir do och de Verkaf an de Verdreif vum Gas virzehuelen.

D'Obligatioun, déi déi aktuell Gesetzgebung a puncto Prozeduren an a puncto Kontabilitéit deenen eenzelnen Acteuren am Stroum- oder am Gasberäich gëtt, ass haut net an alle Fäll respektéiert. Ech mengen, dat ass eng Feststellung, déi ee muss maachen. Obwuel mer relativ kloer gesetzlech Bestëmmungen hunn - net am schlechte Wëllen -, bréngen et einfach eng ganz Rëtsch vu Gemengenacteuren net fäerdeg, all dat ze liwweren an där gewënschter Form, wat se eigentlech och haut scho misste liwweren. Déi Situatioun gëtt natierlech net besser wa mer an déi nei gesetzlech Rumm hei erakommen, wou éischter nach zousätzlech Obligatiounen op si wäerten duerkommen. Dat ass eng Feststellung, déi ee muss maachen.

Besonnesch kriddelech ass et sécherlech, dass mer bei de Gemengen hei op Onsécherheeten, Onkloerheete stousse bei der Ausleeung vun eenzelnen Texter, déi d'Gemengenaktivitéite reglementéieren. Ob dat Verfassungstexter sinn, ob dat Texter si vum allgemenge Gemengegesetz, ob et Texter si vun der Fonction publique, déi sech och op dem Gemengesecteur uwenden, et stellt een einfach fest, dass do grouss Rechtsonsécherheet besteet an och relativ fluctuant Interpretatiounen um Niveau vum Innenministère, wat eenzelner vun deenen Texter ugeet.

D'Gemenge Lëtzebuerg an Esch sinn e wichtege Schrëtt gaangen, fir eng kommerziell Gesellschaft ze grënnen; fir de Moment niewent hire Gemengeservicer, déi sech mat Energiefroen ofginn. D'Gemeng Stengefort huet och en anere Schrëtt gemaach; si huet sech mat der Cegedel verbonnen, wat hiert Stroumnetz ugeet. Aner Gemengen hunn déi Schrëtter nach net gemaach, nach net vollzunn, a versichen, méi recht wéi schlecht an hiren traditionelle Servicestrukture mat där neier Situatioun eens ze ginn.

Eent muss ee feststellen: D'Gemenge sinn zimlech eleng gelooss ginn iwwert déi lescht Joren - dat ass jo kee Phenomeen vun deene leschten een, zwee Joer - mat deenen dote wichtege Froen. D'Fro zum Beispill och, ob et méiglech ass, dass eng Gemeng als Service oder als Gesellschaft, wa se zu 100% Anteilnehmer vun enger Gesellschaft ass, däerf iwwert d'Gemengegrenzen eraus Energie liwweren. Normalerweis däerf eng Gemeng jo nëmmen um Territoire vun hirer Gemeng Aktivitéiten ofwéckelen. Däerf se, wa se eng aner Forme juridique hëlt, eigentlech iwwert déi dote Grenze sprangen oder net? Wat soen d'Geriichter dozou am Fall vun enger Plainte vun engem Konkurrent? All déi Froe bleiwen eigentlech bis haut ongekläert.

D'Regierung huet an deenen alen Texter, déi haut spillen, an och an deenen neien Texter déi dote Froen net behandelt. Et kann een einfach feststellen, dass reng juristesch gekuckt kee Problem ass, dass déi Gemengen, déi dat haut scho maachen, och nach weiderhi Gas an Elektresch kënne verkafe respektiv och Propriétaire vun den Netzer sinn. Mä et stelle sech ganz vill praktesch Froen a ganz vill technesch juristesch Froen do ronderëm, déi net propper gekläert sinn.

Fir dat ze maachen, hate mer jo och als Kommissioun décidéiert, den Innenminister bei eis ze ruffen, fir mat him a mat senge Mataarbechter all déi Froen do duerchzegoen. Den Innenminister huet och - dat muss ech soen - eng gewësse Flexibilitéit gewisen, wat d'Interpretatioun, d'Ausleef vun de bestehende Gemengegesetzer ugeet. Hien hat awer och fir eenzelner vun de Punkten, déi mer ugeschwat hunn, keng fäerdeg juristesch tragbar Léisung parat.

Doropshin hu mer als Kommissioun décidéiert, der Regierung - dem Innenminister - ze schreiwen an him matzedeelen, dass mer eigentlech an deem dote Punkt d'Bedenke vum Statsrot an och vum Syvicol deelen an dass mer der Meenung sinn, dass mer misste kucken, besonnesch wat d'Problematik vum Statut vum Personal ugeet, wou sech jo eigentlech eng vun de Froen drëm dréit, déi elo opgeworf ginn ass an den Diskussiounen, fir bestehend Gemengepersonal mam Statut an eng Energiegesellschaft eriwwerzehuelen, wéi een dee Problem do ka léisen. Mat eisen aktuellen Texter vum Statut vum Fonctionnaire ass dat net méiglech.

Duerfir muss also, wann een do wëllt eng propper Léisung fannen, légiféréiert ginn an deem dote Beräich, wéi och an anere Beräicher. Dat kann awer an den Ae vun der Kommissioun nëmmen no Verhandlunge mat de Gewerkschaften aus deem dote Secteur passéieren. Dat schéngt mer hei evident ze sinn. Hei geet et drëm, dass mer e puer elementar Regelen och vu statutaresche Froe respektéieren. Also, eng legislativ Ëmännerung ass an eisen Aen noutwendeg, mä dat muss virdru selbstverständlech geschéien, no Konsultatioun an no Verhandlunge mat de Gewerkschaften aus dem öffentleche Secteur.

Hei besteet also akuten Handlungsbedarf. An ech soen, dass mer mat groussem Interessi déi Gesetzespropositioun hei zur Kenntnis geholl hunn, déi virun e puer Deeg vun eenzelnen Deputéierte vun deene Grëngen a vun der DP hei virgestallt ginn ass. Dir erlaabt mer awer als Rapporteur, e klengt Bedaueren auszeschwätzen, dass déi dote Virschléi net an d'Kommissiounsaarbechte mat konnten afléissen. Et ass emol ni dovunner Rieds gaangen, dass esou e Virschlag géif gemaach ginn. Wann dat sécherlech e puer Méint éischter gewiescht wär, dann hätt ee vläicht kënnen déi dote Virschléi scho mat an deem ganze Prozess vun eisen Aarbechte berücksichtegen. Dat ass net de Fall. Mä ech mengen, d'Debatt ass weider op a sécherlech wäert dat doten nach e Punkt sinn, deen dës Chamber an deenen nächste Méint a Joren nach wäert beschäftegen.

M. le Président.- Här Bodry, den Här Bausch wëllt lech eng Fro stellen. Erlaabt Der déi?

M. Alex Bodry *(LSAP), rapporteur.-* Selbstverständlech.

M. François Bausch *(DÉI GRËNG).-* Här President, ech wollt den Här Bodry froen, ob hien dann awer net der Meenung ass, datt et eigentlech, wéi mer den Innenminister an d'Kommissioun convoquéiere gelooss hu scho virun e puer Méint, fir iwwert déi Fro ze diskutéieren, an der Regel awer esou wär, datt den Innenminister, dee sech jo der Problematik bewosst ass, hätt misse relativ séier handelen, wou mer jo wëssen, datt déi Problematik hei op d'Gemengen elo relativ brutal wäert duerkommen, datt am Kader vun deem heite Gesetz d'Regierung iwwert den Innenminister seng Aarbecht hätt misse maachen.

Mir sinn och dovunner ausgaangen. Duerfir hu mer déi Proposition de loi gemaach wéi mer elo op eemol gesinn hunn, datt d'Gesetz esou schnell géif duerch d'Chamber goen. Ech mengen, den Här Bodry weess jo och, datt et net ursprünglech esou geduecht war, datt dat Gesetz nach virun der Summerpaus hätt solle gestëmmt ginn.

Mir maachen dat elo aus de Grënn, well d'Regierung Retard huet, well mer soss Amendë musse bezuelen. Duerfir musse mer et jo séier duerchkréien. Mä ass hien awer net der Meenung, datt den Innenminister hei seng Hausaufgab hätt misse maachen an effektiv an deem heite Kader déi Propositiounen, déi mir elo gemaach hunn, hätt misse maachen, oder ähnlecher zumindest, fir d'Gemengen à même ze setzen, dat, wat elo haut décidéiert gëtt, och ëmzesetzen?

M. Alex Bodry *(LSAP), rapporteur.-* Ech sinn der Meenung, dass den Innenminister hei seng Verantwortung muss iwwerhuelen, wéi d'ganz Regierung hei gefuerdert ass, wéi iwwregens och schonn eigentlech déi viregt Regierung gefuerdert war mat där ganzer Fro. Well ech hu gesot, vun 2002 un ass eigentlech bekannt, wat géif kommen. Dat ass ënnerschat ginn. D'Problematik ass menger Usiicht no ënnerschat ginn. Dat ass net gutt.

Duerfir wäerte sécherlech nach Initiative kommen. Ech weess elo aus Gespréicher mam Innenminister eraus, dass hie wëllt esou Virschléi an nächster Zäit maachen. Mä et bleift awer fir mech eng Fro vu Fairness. Ech hätt et fair fonnt, am Geescht vun engem korrekten Ëmgang ee mat deem aneren, wann dat net parallell zu där lescht Kommissiounssitzung, déi mer haten, komm wär, wou ech meng Projets de rapport virgestallt hunn, mä wann ee virdrun einfach matgedeelt kritt hätt: Hei, mir huelen elo eng Initiativ an deenen dote Beräicher. Déi Informatioun ass net eriwwergaangen. Ech fannen dat e bësse schappeg; loosse mer dat emol soen.

Den zweete wichtege Punkt, dee vill diskutéiert ginn ass, dat ass dee vun de Sonderrechter, déi d'Netzbedreiwer, besonnesch haut dann d'Cegedel, de facto hei zu Lëtzebuerg hunn. Wéi gesot, deelweis fousst dat um Konzessiounsvertrag, deelweis fousst dat op vertraglecher Basis, op Accorden, déi an deene leschte Joren an deem dote Beräich fonnt si ginn.

D'Regierung hat eigentlech wëlles, eent zu eent dat ze iwwerhuelen, wat elo besteet, an ze soen: Hei, och an Zukunft soll den Netzbedreiwer aus ganz prakteschen Iwwerleeungen d'Méiglechkeet hunn, fir eng Rëtsch vun Aarbechte schnell ze maachen. Duerfir also gewësse Rechter, wat d'Verfügung iwwert den Domaine public ugeet, wat d'Verfügung iwwert d'Voirie publique ugeet, eng Rei vun extrae Rechter, wat d'Baugenehmegungen ugeet.

De Statsrot huet gesot, dass dat net geet. De Statsrot huet sech och do beruff op de Prinzip, dass jiddferee virum Gesetz gläich ass, dass also jiddfereen, deen an enger no der Interpretatioun vun eise Geriichter vergläichbarer Situatioun ass, och muss gläich behandelt ginn. A si hu sech formell opposéiert a ganz wesentleche Punkten, dass déi Avantagen, déi d'Netzbedreiwer hate bei hiren Aarbechten, géife weider festgeschriwwe ginn an Zukunft an deem neie Gesetz.

Munches vun deem, wat de Statsrot seet, léisst sech novollzéien. Et ass effektiv, dass an eisem Rechtsverständnis vun haut, wat sech wahrscheinlech jo awer an enger Zäit vu méi wéi 80 Joer liicht geännert huet,...

(Interruption)

...et eigentlech schwéier ass ze verdeedegen, dass à la rigueur enger privater Gesellschaft méi Rechter zougestane ginn, wéi d'Gemengen an de Stat der selwer hunn. Wann d'Gemengen an de Stat Infrastrukturaarbechte maachen, kënnen déi net op déi Sonderrechter zréckgräifen, déi hei dra sinn. Déi sinn am Prinzip alle Genehmegungsprozeduren ënnerworf. Duerfir mengen ech schonn, dass de Statsrot net falschlouch, andeem e prinzipiell déi dote Fro opgeworf huet.

Natierlech ass dat hei eng 180-Gradwende praktesch par rapport zu där Situatioun, wéi mer se iwwer Jorzéngte kannt hunn, a si begräift och eng Rei vu Risiken. Dat soll een och net ënnerschätzen. Risiken, dass aus iergendwellechen egoistesche Grënn Projeten iwwer länger Zäit gestoppt sinn, déi an deem sensibele Beräich vun der Stroum- a Gasversuergung awer riskéieren domadder e gewëssene Schued unzeriichten, wa se net an engem gewëssenen Timing kënne realiséiert ginn.

Et war déi Iwwerleeung och, déi eis als Kommissioun dozou verleet huet, de Versuch ze starten, e puer Kompromësstexter an d'Diskussioun eranzekréien. Déi hu mer a Form vun Amendementer weidergereecht un de Statsrot - wéi deen zum Beispill, wat d'Baugenehmegungen ugeet, dass do u sech et net esou wär, wéi d'Regierung virgeschloen huet, dass si keng Baugenehmegung iwwerhaapt bräichten, mä dass se eng prinzipiell Baugenehmegung hätten, mä dass et dann awer un den zoustännege Stellen an normalerweis um Buergermeeschter ass, fir déi prezis Konditioune vu Fall zu Fall festzeleeën.

Dat géif jo och sécherstellen, dass déi néideg Informatiounen am Virfeld do sinn an dass eng Concertatioun stattfënnt. An dat ass, mengen ech, jo och e Begier, dee vill Responsabele vun de Gemengen hunn, dass, wann esou Aarbechte gemaach ginn, dobäi ëmmer eng ganz enk Ofsprooch a Concertatioun stattfënnt tëschent där Firma, déi d'Aarbechte mécht, an de Gemengen, déi responsabel si fir d'Organisatioun vum Liewen um Territoire vun hirer Gemeng.

Eng aner Ännerung, déi mer als Kommissioun virgeholl hunn als Amendement an déi vum Statsrot net weider kommentéiert ginn ass, dat ass d'Fro vun der Verleeung an de Buedem vun de Stroumleitungen a vun der Verdeelung vum Käschtepunkt vun deenen doten Aarbechten. Do besteet elo opgrond vu Verträg d'Situatioun, dass haut, wann esou eng Verleeung gemaach gëtt, well een do ausgeet vun der Hypothees, dass dat op Demande, op Wonsch vun de Gemenge geschitt, dee gréissten Deel vun deem Käschtepunkt vun de Gemenge muss iwwerholl ginn. 70 respektiv 80% vun de Käschte vum Génie civil falen op d'Kap vun de Gemengen.

Mir waren als Kommissioun der Meenung, dass deen dote System eigentlech net méi ze hale wär, zumools well jo och elo an de Gesetzestext de Prinzip stoe kënnt, dass an allen Zonen, déi net Grëngzon sinn, d'Leitunge sollen ënnerierdesch geluecht ginn. Et sief, et wiere schwéierwiegend technesch respektiv finanziell Argumenter do, fir dat net ze maachen.

Duerfir hu mir proposéiert, fir dat elo fiftyfifty opzedeelen tëschent deemjéinegen, deen d'Aarbecht mécht, also der Stroumfirma, an de Gemengen op där anerer Säit. Dat huet dann och zur Folleg, dass do nëmmen een Deel vun deem Käschtepunkt répercutéiert gëtt op de Stroumpräis. Deen aneren Deel gëtt gedroe vun de Budgete vun de Gemengen.

Wat d'Enteegnungsprozeduren ugeet, do huet sech de Statsrot widdersat, dass do och géif d'Bedreiwergesellschaft, d'Netzbedreiwergesellschaft an eng extra Situatioun erakommen. D'accord, fir kënnen Expropriatiounen ze maachen, mä bei deenen Expropriatioune gëtt déi Firma betruecht wéi eng Privatpersoun a si kënnt net an déi speziell Prozeduren eran, wéi wann et eng öffentlech Institutioun wär, déi esou eng Expropriatioun virhëlt. Mä momentan hu mer nach ëmmer keng Gesetzgebung, déi mer kéinten applizéieren an deem dote Beräich.

Drëtt Fro - an da kommen ech och gläich zum Enn -, eng Fro, déi vill diskutéiert ginn ass, zu där mer vill Stellungnahme kritt hunn an déi am Avis séparé vum Statsrot gestanen huet, dat ass d'Fro: Wat geschitt, wann e Keefer vu Stroum a Gas seng Rechnung net bezilt?

Do muss ee fir d'éischt emol soen, dass mer haut do guer keng Regelung hunn. Haut gëtt et keng speziell Gesetzesregelung, wou déi dote Fro prezis definéiert wär. Et hänkt da vun der vertraglecher Situatioun of, wat vu Fall zu Fall geschitt.

An Zukunft gëtt dat anescht, an Zukunft ginn hei eng Rei vu Regele festgeluecht, wou ech mengen, dass dat Mindestregele misste sinn, wou kloergestallt ass, dass op där enger Säit Délaie spillen: fir d'éischt d'Echéance an der Facture selwer, dann e Rappel no 15 Deeg, wann déi Echéance vun der Facture ofgelaf ass, dann den zweete Rappel erëm eng Kéier no 15 Deeg mat der Ukënnegung, dass dann no 15 Deeg ofgepëtzt gëtt. An do, dat ass en Amendement vun der Kommissioun, wollte mer preziséieren, dass da muss den Office social vun der Gemeng informéiert ginn iwwert déi lescht Sommatioun, déi de Verkeefer ausstellt.

Dat ass de Mechanismus, wéi en ausgesäit. En ass sécherlech net perfekt. Mä och hei si mer eigentlech virun der kriddelecher Situatioun, dass mer eng allgemeng fest Regel wëlle festsetzen an déi Situationen um Terrain awer fuerchtbar grondverschidde sinn: Leit, déi aus schlechtem Wëllen net bezuelen - där gëtt et! Dat sinn och net nëmme Privatpersounen, déi hei concernéiert sinn, oft! Ech mengen, dat wëssen déi Leit, déi an de Gemenge sinn. Wa se hire Restantenétat duerchginn, gesi se jo relativ kloer, wat fir eng Zorten, wat fir eng Villfalt vu Situatioune sech do erëmfannen. Dat ass och hei net anescht.

Dat heescht, et muss ee probéieren, hei e Mëttelwee ze fannen, Mëssbräich esou wäit wéi méiglech auszeschalten, Mëssbräich vun deenen engen, déi vun engem ze generéise System wéilte profitéieren, fir weiderhin op d'Käschte vun aneren ze liewen. Op där anerer Säit mussen echt Noutsituatiounen awer och kënne schnell an onbürokratesch enger Léisung zouzeféiere sinn.

Mir mengen, dass deen Text dat do kann erreechen, mä och do misst een no engem Joer wierklech Bilan zéien iwwert déi dote speziell Dispositioun, fir ze kucken, ob et net aner Systemer gëtt, déi ee vläicht kéint aféieren. Do gëtt et Modeller a Frankräich, et gëtt e belsche Modell, wou meng perséinlech Meenung ass, dass mer awer sollen dorop oppassen, dass mer net ze vill en zentralistesche System opbauen, wou alles géif an d'Stad kommen, wäit ewech an eng zentral Verwaltung.

Ech menge schonn, dass am Prinzip den Office social vun enger Gemeng awer déi Stell ass, déi am nooste beim Eenzelnen ass an déi och am schnellsten an am wierksamsten do eppes ka maachen. Mä wéi gesot, et ass an der Regel un der Regierung, fir do ze kucken, ob et net aner nach besser Systemer gëtt.

Mir mengen, dass mer hei awer par rapport zu der Ist-Situatioun vun haut op jidde Fall eng kloer Verbesserung bréngen, och notamment fir Leit, déi aus sozialen Ursaache Problemer hu beim Bezuele vu Rechnunge vu Stroum oder Gas.

Bei dem Gesetzesprojet hu mer och nach en ale Bekannten erëmbegéint, deen eis scho beschäftegt huet bei aneren Texter an der Wirtschaftskommissioun. Et ass d'Fro vun der Publikatioun vun Normen, vun obligatoreschen Normen, déi sech och um Terrain dann applizéiere musse kënnen.

Do ass de Statsrot erëm an eng relativ puristesch Haltung zréckgefall, déi en entretemps bei anere Gesetzer emol schonn zwëschenzäitlech opginn hat, a wou e seet, dat do geet net, all Norm muss integral am Mémorial veröffentlecht ginn.

Woubäi, wann een den Text vun der Verfassung, den Artikel 112 kuckt, da steet do guer net dran, dass ee muss den Text integral am Mémorial publizéieren. Dat steet an engem Ausféierungsgesetz dran. A mir mengen also, wann do elo ëmmer méi Schwieregkeeten opdauchen a wa mer elo an all Deelberäich, wou et technesch Norme gëtt, ëmmer eng aner Regelung hunn, da wär et sécherlech wënschenswäert, wann d'Regierung sech kéint opraffen, fir vläicht eng Revisioun ze proposéiere vum allgemengen Text iwwert d'Publikatioun vun Normen, vu Gesetzestexter a vu Reglementer. Do géife mer de Problem propper geléist kréien. Dat ass hei am Kader vun dësem Text immens schwiereg.

Fënneften a leschte Punkt, deen ech ervirsträiche wollt, ass, dass mer selbstverständlech an deem heiten Text och dee sougenannte Fonds de compensation bäibehalen. Dee Fong - dat betounen ech nach Kéier - soll et erméiglechen, fir eng Rei vu finanzielle Kompensatiounen ze gi fir gesetzlech Obligatiounen, déi am Kader vum Service public operluecht ginn. Souwäit ech weess, ass d'Regierung do och a Verhandlung mat der Europäescher Kommissioun, wat den Detail vum Fonctionnement vun deem dote Fong ugeet. Et ass un engem Règlement grand-ducal, fir dann och de Regime vun deem dote Fong an Zukunft ze regelen.

Als Rapporteur wëll ech nach allgemeng en Appel un d'Regierung maachen, fir déi vill Ausféierungsbestëmmungen, déi an deem heiten Text dra sinn, net jorelaang schleefen ze loossen, mä ze probéieren, de politesche Wëllen un den Dag ze leeën, fir se esou schnell wéi méiglech ze huelen, well se bal alleguerten awer vun Notze sinn. Ech géif net soen, dass der do vill derbäi wären, wou ee seet, déi kéint ee jorelaang schleefen doen. Do sinn awer noutwendeg Prezisiounen ze ginn, wat déi praktesch Ëmsetzung vun deene Gesetzestexter ugeet, an duerfir den Appel un d'Regierung, fir sech déi néideg Moyenen ze ginn, fir d'Ëmsetzung vun den Ausféierungsbestëmmungen ze maachen. Dat gëllt, wéi gesot, besonnesch fir déi Affär vun der Ursprungskennzeechnung, dat gëllt awer och fir aner Ausféierungsreglementer, déi ganz wichteg sinn.

Zum Schluss wollt ech nach ee Virschlag maachen, de Virschlag nämlech un d'Regierung, fir ronderëm dëst Gesetz a seng praktesch Konsequenzen eng breet Opklärungscampagne ze maachen. Dat schéngt mer immens wichteg ze sinn, well ee jo awer spiert, dass besonnesch d'Leit dobausse veronséchert sinn. Si liesen, de Maart geet op, du kanns elo däi Stroum an däi Gas iergendwou akafen, an u sech weess keen esou richteg, wat ass. Kee weess esou richteg, wat sech wierklech ännert, wat eigentlech seng nei Rechter ginn, well et sinn an deem Gesetzesprojet ganz vill Rechter fir den Endclient virgesinn.

Duerfir géif ech proposéieren, dass d'Regierung sech do och soll déi néideg Mëttele ginn, fir déi Informatioun a Berodung ze maachen, vläicht net nëmme fir de klengen Endkonsument, mä och fir eng Rei vu klengen Acteuren an deem ganze Beräich, an déi dote Fro vun enger objektiver Informatioun iwwert d'praktesch Konsequenze vun deenen heiten Texter net private Firmen ze iwwerloossen. Ech mengen, dat ass eng nobel Aufgab vum Stat, fir déi dote Berodung duerchzeféieren.

An et wär, mengen ech, och net schlecht, wann een eis Konsumenteschutzorganisatioune mat an dat Ganzt do kéint eranhuelen. Et ass och eng Aufgab vun hinnen, déi Informatiounen do un de Verbraucher weiderzereechen.

An deem Sënn géif ech lech als Rapporteur bieden, déi zwee Gesetzestexter ze stëmmen, an ech brénge gläichzäiteg och den Accord vu menger Fraktioun an.

Merci!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Bodry. Als éischt Riednerin ass ageschriwwen déi honorabel Madame Françoise Hetto. Madame Hetto!

Discussion générale

Mme Françoise Hetto-Gaasch *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir unzefänke wëll ech dem Rapporteur, dem Alex Bodry, wierklech Merci soen an him félicitéiere fir säi komplette Rapport. Et ass en héich techneschen Dossier an de Rapporteur huet lech do schonn eng ganz Partie vun Detailer zerwéiert. Ech wäert dann a menger Interventioun net op weider Detailer agoen.

Déi zwee Projete ginn hei zesumme presentéiert, well se vun der gesetzlecher Struktur hir d'selwecht opgebaut sinn, mä si gi jo awer onofhängeg vuneneen ofgestëmmt. D'Liberaliséierung vum Energiesecteur stäipt sech op europäesch Direktiven: wat elo d'Liberaliséierung vum Elektreschen ubelaangt, op déi europäesch Direktiv 2003/54 vum 26. Juni 2003 an op déi europäesch Direktiv 2005/89 vum 18. Januar 2006; wat dann elo de Gas ubelaangt, op d'europäesch Direktiv 2003/55 vum 26. Juni 2003, betreffend d'allgemeng Regele fir de Bannemaart vum Gas, an op d'europäesch Direktiv 2004/67 vum 26. Abrëll 2004, déi d'Approvisionnementssécherheet vum Gas garantéiert.

Mir hei zu Lëtzebuerg si gehalen, dës Direktiven esou séier wéi méiglech ëmzesetzen. Alle béid schreiwe se sech an d'Politik vun der Europäescher Kommissioun an, déi e regelrechte Bannemaart fir d'Energie kreéiere wëllt.

Dës Liberaliséierung huet zwee grouss Ziler an och Prinzipien.

Et geet ëm d'Aktivitéite vun der Produktioun a vun der Fourniture, déi liberaliséiert ginn. Si gi ganz kloer getrennt vun de Réseausaktivitéiten, also dem Transport an dem Verdeele vun der Energie, déi natierlech Monopole bleiwen, déi och staarke Contrainten ënnerleien an net liberaliséiert ginn. D'Aktivitéit vum Gestionnaire de réseau bleift de Service public, deen duerch den ILR reguléiert an och kontrolléiert gëtt. D'Produktioun an d'Fourniture si kommerziell Aktivitéiten, déi elo dann der Konkurrenz ënnerleien.

Zweetens, all Betrib an zënter dem 1. Juli och elo all Privatstot dierfen hiren Energiefournisseur fräi wielen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Energiepolitik ass och Wirtschaftspolitik. D'Energiepolitik dierf eis Wirtschaft net iwwerbelaaschten. Si dierf net grouss Betriber dovunner ofhalen, sech hei bei eis ze implantéieren. Am Géigendeel, si muss dem Wirtschaftsstanduert Lëtzebuerg entgéintkommen, well eng gesond a kompetitiv Wirtschaft steet fir sécher Aarbechtsplazen.

Fir kompetitiv ze bleiwen an eng nohalteg Energiepolitik ze bedreiwen, brauche mer en Energiemix aus Uelech, Gas, Stroum an erneierbaren Energien. Energieaspuerunge musse weider propagéiert an och ënnerstëtzt ginn, an do kann am Fong geholl jiddfer Eenzelne säin Deel dozou bäidroen. Luuchten net muttwëlles brenne loossen, Computer an Televisioun komplett ausmaachen an net am Stand-by loossen, an Energiespuermesuren investéieren, säin Haus a seng Wunneng seriö isoléieren, fir nëmmen dës ze nennen. All dës Moossname kommen net nëmmen eiser Ëmwelt zegutt, mä och dem Eenzelne sengem Portmonni.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, duerch d'Gas- an d'Stroumliberaliséierung kann also zënter dem 1. Juli jiddereen décidéieren, bei wiem hie säi Stroum respektiv säi Gas akeeft. Jidderee muss fir sech décidéieren, wat fir hie méi wichteg ass: de Präis, d'Sécherheet, d'Ëmwelt? Et geet also, wéi bei esou ville Saachen op der Welt, och hei ëm d'Suen. An der Präisstruktur fir den Endverbraucher maachen d'Netzkäschte ronn 50% vum Präis aus, 10% falen u Steieren an u Kompensatiounstax un, et bleiwen also eng 40% op déi de Fournisseur en Afloss huet, an do wäerten d'Écarten téschent deenen eenzelne Fournisseure wuel net esou grouss sinn.

De Client sicht jo niewent dem Präis bestëmmt och e fiabele Service an d'Sécherheet vum Approvisionnement. Wourobber allerdéngs kee vun eis en Afloss huet, dat sinn déi staark Präishaussë vun den eenzelne primären Energieressourcen, déi mer zënter 2005 kennen, sief et Gas, Pëtrol oder d'Kuel. De wirtschaftleche Wuesstum vu China an Indien huet dozou bäigedroen, dass weltwäit déi energetesch Besoinen an d'Luucht gaange sinn an domadder natierlech d'Präisser. Weltwäit verbrauche mer haut duebel esou vill Energie, wéi dat nach an de 70er Joren de Fall war. A bis 2030 soll dëse Verbrauch nach emol ëm d'Halschent klammen, woubäi déi fossil Brennstoffer déi wichtegst Energiequelle bleiwe wäerten. Erneierbar Energië maachen am Moment nëmme 14% an d'Atomenergie 7% vum globalen Energieverbrauch aus.

Elo ass et awer esou, dass kloer gewosst ass, dass mer nach just fir 40 Joer Äerduelechreserven, fir 70 Joer Äerdgas a fir 95 Joer Kuel hunn. Weltwäit si mer an der Uelech- a Gasversuergung vu politeschen a wirtschaftlechen onstabile Fuerderregiounen ofhängeg. D'Europäesch Unioun ass ee vun deene weltgréissten Importateure vun Uelech, Gas a Kuel. Eis Energieofhängegkeet klëmmt, dem Grénge Buch vun der Kommissioun no, op 70% am Joer 2030. Mir mussen hei an Europa eng gemeinsam Sprooch schwätzen a Saachen Energie. Duerfir ass et och esou wichteg, dass mir en europäesche Bannemaart fir Stroum a Gas hunn. Déi deementspriechend Direktive mussen ëmgesat ginn, a wa mer haut de Mëtteg dëse Projet de loi stëmmen, da si mer um richtege Wee.

D'Importer vun de primären Energië wäerten aus ëmmer méi enger klenger Zuel vu Länner kommen. Duerfir musse mer an Zukunft mat méi héijen Energiepräisser rechnen. Déi elektresch Energie, déi jo op Basis vun de Primärenergien hiergestallt gëtt, suivéiert de Präismouvement natierlech mat, well de Brennstoff e wesentleche Bestanddeel vun de Käschte vum Elektreschen ausmécht. Do derduerch kënnen de Clienten hir Erwaardungen, dass d'Präisser géife falen, eventuell net erfëllt ginn.

Mir mussen allerdéngs wëssen, wat fir eis méi wichteg ass: de Präis oder d'Sécherheet am Approvisionnement oder d'Ëmwelt, oder ieren déi dräi. Mir sinn eis eens, dass d'Netz muss stabil bleiwen, an do kënnt eng wichteg Aufgab op de Coordinateur des périmètres d'équilibre zou. Hie muss déi Ausgläichsenergie liwwere vun deem, wat zu all Moment un Demande vum Client kënnt. Keng einfach Aufgab, wou mer all just kënnen hoffen, dass mer keng allze grouss Iwwerraschunge wäerte kréien.

Ech erlabe mer och am Numm vu menger Fraktioun drop hinzeweisen, dass et fir eist klengt Land wesentlech ass, dass mer eng national Netzgesellschaft behalen, déi d'Sécurité d'approvisionnement an d'Qualitéit vun der Infrastruktur garantéiert. Mir begréissen et och, dass d'Gesetz Léisunge virgesäit, fir dass Familljen, déi ouni eege Verschëlden an Zahlungsverzuch gerode sinn, kënne Gas an Elektresch kréien, an dat sief et iwwert den Office social oder sief et iwwert d'Installatioun vun engem Compteur à prépaiement.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat wier et gewiescht fir mäin Deel. Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren a bréngen heimat den Accord vu menger Fraktioun zu deenen zwee Projeten.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Hetto. D'Wuert huet elo fir d'DP-Fraktioun d'Madame Anne Brasseur.

Mme Anne Brasseur *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech e puer Commentairen zu der Procédure maachen, an där mer ons hei befannen. Déi Direktiven, déi mer haut ëmsetzen, si scho säit zéng Deeg a Kraaft, an eréischt haut setze mer se an onst Gesetz ëm. Et ass net fir d'éischt, dass mer Retarden hunn, a mir si jo leider eent vun deene Länner, déi déi meeschte Retarden hunn am Ëmsetze vun Direktiven.

Den Energieminister huet d'Kommissioun gefrot, et soll een esou séier wéi méiglech nach virun der Summervakanz dës Projete stëmmen, fir dass mer keng exorbitant Strofen ze bezuele kréichen. Strofen, déi vu Bréissel kommen, wann een d'Direktiven net zur Zäit an d'Nationalrecht ëmsetzt. D'Kommissioun ass och deem Wonsch nokomm, an duerfir stëmme mer dann haut dat Gesetz.

Ech muss lech awer soen, dass dat ënner Bedéngunge geschitt, déi am Fong engem Parlament net würdeg sinn! Et läit net un der Kommissioun, huet de President gesot, mä eréischt leschte Freideg hu mer den Zousazavis vum Conseil d'État kritt, deen eng extra Sitzung nach huet missen aleeën, fir déi zousätzlech Amendementer ze analyséieren, an e Méindeg war d'Kommissioun zesummen, fir den Avis vum Conseil d'État ze kucken, fir dann de Rapport ze finaliséieren.

Dat ass net üblech, well, Här President, et gëtt eng Regel hei am Haus, dass mer mussen déi Woch virdrun de Rapport an der Kommissioun ugeholl hunn, fir dass de Projet hei an de Plenum ka kommen. Or, dës Kéier ass eng Exceptioun gemaach ginn, a wann dat iwwerhaapt méiglech war, dann ass et, well an der Kommissioun vun der Ekonomie an der Energie exzellent Aarbecht gemaach ginn ass.

Dat ware bal 20 Sitzungen, an ech wéilt hei ausdrécklech dem Président-Rapporteur, dem Här Bodry, villmools Merci soe fir déi Aart a Weis, wéi hien déi Debatte geleet huet. Hien huet dat gemaach mat enger grousser Rou, mat enger grousser Sachkenntnis, well soss wiere mer net an deenen Délaien hei derduerchkomm. Et ass bestëmmt net der Kommissioun hir Schold, wa mer elo mussen dëse Vote iwwert de Knéi briechen!

Ech géif och de Vertrieder vun der Regierung villmools Merci soen, deenen Hären Eyschen an Hoffmann, déi duerch hir Kompetenz ons gehollef hunn, duerch déi ganz schwéier Matière derduerchzekommen, eng Matière, déi äusserst komplizéiert ass um technesche wéi och um juristesche Plang.

Elo zum Schluss maache mer e Projet an der Hetz, an et si leider nach eng ganz Rei Froen net beäntwert. Den Energieminister huet all Kéiers op Wonsch vun der Kommissioun Äntwerte ginn, Äntwerten, mat deenen ech heiansdo net konnt averstane sinn, an a verschiddene Punkten deelen ech seng Approche net.

Mä een, deen net op d'Froe vun der Kommissioun konnt äntwerten an deen enttäuschend war a senge Prestatiounen an der Kommissioun, dat war nun eemol den Innenminister! An ech bedaueren et, dass den Innenminister de Mëtteg net hei ass.

Plusieurs voix.- Do ass en!

Mme Anne Brasseur *(DP)*.- Hien huet sech…

(Interruptions, hilarité et coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Madame Brasseur, fuert weider!

Mme Anne Brasseur *(DP)*.- Hien huet sech duerch groussen Immobilismus ausgezeechent. Haut sollen nämlech Gesetzer gestëmmt ginn, bei deenen eng ganz Rei Gemengen direkt betraff sinn an all déi aner Gemengen indirekt. An déi Gemenge mussen elo dës Direktiven applizéieren. D'Gemengegesetz awer - an den Här Bodry

huet och schonn drop higewisen - erlaabt et a verschiddene Punkten net, déi Ëmsetzung virzehuelen, an dofir hu mer hei zwee Gesetzer, déi sech widderspriechen.

Ech fannen et skandaléis, dass e Member vun der Regierung e Projet de loi déposéiert, dee contraire ass zu Dispositioune vun engem anere Gesetz, an dass dann d'Regierung an deen zoustännege Minister iwwert dat anert Gesetz dat net an den Délaien ännert! An esou engem Fall misst dach déi bestehend Gesetzgebung, dat heescht d'Gemengegesetzgebung, adaptéiert ginn.

De Conseil d'État seet dat och a sengem Avis vum 24. Abrëll 2007, an ech zitéieren: «Les communes risquent de se trouver dans une impasse et le Conseil d'État voudrait dès à présent attirer l'attention du législateur sur la nécessité de prévoir des modifications concomitantes dans la législation communale afin d'éliminer ces contradictions et incompatibilités et d'adapter cette législation à l'évolution et aux conditions de l'environnement économique et institutionnel européen et international.»

De Conseil d'État seet also a sengem Avis, et muss concomitant kommen, dat heescht, gläichzäiteg. Dat misst also och haut geschéien. Or, dat ass leider net de Fall.

An de Syvicol seet a sengem Avis heizou: «Du point de vue des communes une attention particulière devrait dès lors être accordée, dans la transposition en droit national des directives européennes précitées, à l'adaptation du secteur communal au nouveau contexte concurrentiel. En effet, pour des raisons bien connues, les défis que pose cette nouvelle situation sont autrement plus difficiles à relever pour des entités publiques que pour des sociétés privées. Or, force est de constater que les priorités du Gouvernement sont ailleurs.»

Dat heescht, de Syvicol selwer seet, dass d'Prioritéite vun der Regierung anzwousch anescht sinn, wéi hei d'Gemengegesetzgebung ze adaptéieren, an dat ass fir eis inadmissibel! De Syvicol seet weider, dass eng Partie Dispositioune vun dësem Gesetz sech maachen «au détriment du secteur communal».

Mä den Innenminister weist sech hei, genee wéi och an aneren Domänen, wierklech ännerungsresistent. Hie gëtt zwar jiddferengem Recht, mä en ass ännerungsresistent. Och an aneren Domänen, wou mer e gesinn hunn. Hie léisst mat sech diskutéieren, mä et geschitt awer näischt. De 6. November 2006 hate mer eng Réunioun…

(Interruption)

M. le Président.- Här Gira, et ass net ganz korrekt, fir einfach hei Commentairen an d'Ried vun der Madame Brasseur eranzetroteren!

Madame Brasseur, fuert Dir weider!

Mme Anne Brasseur *(DP)*.- Jo.

De 6. November 2006 hate mer - ech mengen, et war op Initiativ vum Energieminister - eng Réunioun am Energieministère, wou den Energieminister war, zesumme mam Innenminister, a mat deene siwe Gemengen, déi Distributeur vum Elektresche sinn. Den Innenminister krut eng Rei vu Froe gestallt, huet dat ganz interessant fonnt a gesot, e géif sech dat unhéieren an do wieren eng Rei Problemen, mä hie géif emol kucken an da géif hie jo gesinn, wéi ee Léisunge géif maachen.

Well d'Gemengen hunn hien deemools schonn drop opmierksam gemaach, dass Problemer do si mat dem Ëmsetze vun der Direktiv, wat d'Kontabilitéit ubelaangt, mat der Ëmsetzung vun der Direktiv, wat aner Dispositiounen ubelaangt, an notamment d'Activité commerciale an och besonnesch wat d'Personal ubelaangt.

Den Innenminister huet awer duerno net bougéiert. Dobäi waren déi Problemer jo awer spéitstens säit dem Dépôt vum Projet de loi bekannt - enfin scho virdrun, an den Här Bodry huet dat och opgeworf, well déi Direktive virdrun hu jo och schonn eng Rei Obligatiounen de Gemenge ginn, déi déi net konnten erfëllen.

Ech fannen et inadmissibel, dass mer elo sollen e Gesetz stëmmen, wat engersäits d'Gemengen obligéiert, et ëmzesetzen, an anerersäits awer d'Gemengen d'Moyenen net kréien, fir dat ze maachen!

Den ILR, de Régulateur, deen elo jo schonn d'Tarifer vun der Utilisatioun vum Réseau muss accordéieren, dee muss jo en Avis dozou ginn. A bei der Stad Lëtzebuerg huet hien a sengem Avis de 7. Juni 2007 Folgendes gesot: «Malgré les efforts considérables de la Ville de Luxembourg concernant la simulation d'une comptabilité commerciale, l'Institut souligne le manque de transparence à cause de la non-conformité aux prescriptions légales.»

Déi non-conformité aux prescriptions légales kënnt dohier, well just eng Simulatioun opgrond vun der Comptabilité camérale gemaach gëtt, déi mer musse maachen als Gemeng, well dat esou am Gemengegesetz steet. An da gëtt eng Simulatioun gemaach fir eng Comptabilité commerciale. Den ILR seet: Bon, Dir gitt lech vill Méi, mä et ass awer net dat Richtegt. Esou dass d'Texter missten dorun ugepasst ginn.

Wann ech esou op d'Procédure insistéiert hunn, Här President, dann ass et fir ze ënnersträichen, dass mer hei an inakzeptabele Konditiounen esou wichteg Gesetzer solle stëmmen. Ech wëll och nach eng Kéier op d'Inaktioun vum Innenminister hiweisen, dee wierklech d'Gemengen hei am Stach léisst.

Här President, Dir Dammen, Dir Hären, bei der Diskussioun iwwert déi Direktiven, déi mer hei ëmsetzen, iwwert déi zwee Gesetzesprojeten, déi mer hei votéieren, muss ee sech virun allem emol eng Fro stellen. Dat ass: Wiem bréngt déi Liberaliséierung eppes? Bréngt et dem Eenzelnen eppes? Bréngt et den Distributeuren eppes? Bréngt et dem Land eppes?

Fir deen eenzelne Consommateur, do muss ee sech wierklech d'Fro stellen. D'Bréisseler Kommissioun ass jo dovun ausgaangen, dass d'Energien eng Wuer sinn, an als Wuer musse se fräi handelbar sinn an op de Maart kommen. Bei deene grousse Clientë kann dat och nach zoutreffen. Mä bei deem eenzelne Client muss ee sech d'Fro stellen. Bei deene grousse Clientë si jo och schonn d'Direktiven a Kraaft.

Beim klenge Client kënnt et sécher och elo zu méi Transparenz duerch dëst Gesetz. Mä ech froe mech awer, wat dee klenge Client domat kann ufänken, well dee sech an dëser Matière iwwerhaapt net erëmfënnt. Ech ginn dem Här Bodry Recht: Et muss eng Opklärungscampagne gemaach ginn. Mä ech froe mech, ob den Opwand net disproportionéiert ass par rapport zum Resultat, well ech mengen, dass am Endeffekt dee klenge Consommateur vum Ëmsetze vun dëser Direktiv näischt huet. De Service au client gëtt och vläicht besser, well méi Konkurrenz do ass. Dat sinn dann d'Avantagen.

Et freet ee sech awer, wat fir eng Avantagen et nach gëtt. Um Präis gëtt et bestëmmt keen Avantage. D'Madame Hetto huet scho gesot, dass d'Präisser kaum wäerten erofgoen, esou dass fir den eenzelne Consommateur d'Präisser net méi niddreg ginn. D'Chambre de Travail schreift och an hirem Avis, dass et keng Korrelatioun gëtt téschent dem Gaart vun der Liberaliséierung an dem Marché um Niveau vun de Präisser. De Präis, dee setzt sech jo zesummen aus 50% Infrastruktur, dat heescht Réseauskäschte mat Duerchleedungskäschten, plus 10% Taxen a Redevancen, sou dass nach 40% bleiwe fir d'Matière - Stroum oder Gas - an d'Marge bénéficiaire vum Distributeur.

Do bleift also net vill Sputt, wann ee weess, dass de Präis vun der Energie - vum Stroum a vum Gas - jo awer net hei zu Lëtzebuerg gemaach gëtt. Mir si wierklech kee Producteur, oder nëmme ganz wéineg, esou dass mer dorop keen Afloss hunn. Dat Eenzegt, wat ee ka maachen, dat ass eng dynamesch Akafspolitik, sech dofir Strukture ginn. An dann nach sinn déi Fluktuatiounen um Präis méi wéi geréng, well de Präis diktéiert gëtt vum internationale Marché. An dat bezitt sech op d'Matière première.

De Präis gëtt och diktéiert vun der Nofro. Déi wäert an deenen nächste Joren nach dauernd an d'Luucht goen. Am Moment brauch e Stot am Duerchschnëtt 700 Euro d'Joer, fir d'Elektresch ze bezuelen. Do wäerten et och keng grouss Fluktuatiounen an Zukunft ginn. Au contraire, d'Präisser wäerten, bedéngt duerch de Weltmarché, éischter eropgoen.

Fälschlecherweis, wann een déi Debatt hei iwwert d'Liberaliséierung beim Stroum a beim Gas féiert, da gëtt Referenz gemaach op d'Telekommunikatiounen. Or, beim Télefon ass et eppes ganz aneschters, well do handelt et sech net ëm eng Wuer, mä do handelt et sech ëm Déngschtleeschtungen. Déngschtleeschtungen, op déi ee kann duerch eng Organisatioun an duerch aner Strukturen Afloss hunn. Mä hei beim Stroum a beim Elektreschen ass et de Weltmaart, deen d'Präisser diktéiert, a bestëmmt net deen Eenzelnen. À moins, dass ee seet: D'Duerchleedungskäschten, déi mussen erofgoen. Dat huet natierlech eng Influenz op de ganze Réseau an op d'Struktur vun onsem Réseau. Awéiwäit een do kann d'Käschten drécken, ouni dass et op d'Käschte vun der Sécherheet geet, dat ass natierlech eng Fro, déi ee sech awer muss stellen.

D'Fro also, wiem d'Liberaliséierung vum Energiesecteur eppes bréngt, dorop muss een äntwerten, dass et dem eenzelne Consommateur mat Sécherheet näischt wäert bréngen, ausser dass hien elo de libre choix huet. Mä hien huet doduerch awer och Problemer, fir sech erëmzefannen, well et eng äusserst komplizéiert Matière ass.

Wann een och d'Gesamtconsommatioun vun der Energie kuckt, da sinn der vun dëser Direktiv iwwert de Stroum am Fong, wat d'Quantitéit ubelaangt, wéineg betraff, well de Gros vum Stroum gëtt jo vu Mëttel- a Groussclientë bezunn. Dat mécht 84% vum Marché aus. Sou dass mer hei nëmme vu 16% vum Marché iwwerhaapt schwätzen. Sou dass ech mengen, dass dës Direktive beim Endclient wéineg Influenz wäerten hunn.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

Eng zweet Fro, déi ee sech muss stellen, nieft der Fro: Wiem bréngt et eppes als Consommateur?, ass: Wat bréngt dat heite Lëtzebuerg? Wat bréngt et dem eenzelnen Distributeur?

Et ass am schréftleche Rapport vum Här Bodry schonn ervirgestrach ginn, dass mer hei zu Lëtzebuerg zwee grouss Stroumdistributeuren hunn - dat ass d'Cegedel an d'Sotel -, an dass mer dernieft nach siwe Gemengen hunn an ee Privatdistributeur. Bei de Gemenge sinn dat d'Gemengen Dikrech, Iechternach, Esch, Ettelbréck, d'Stad Lëtzebuerg, Stengefort a Veianen. De Privatdistributeur ass zu Miersch.

Ech wëll drun erënneren, dass mer bis viru kuerzem, Här President, hei nach e puer méi Privatdistributeuren haten, kleng Distributeuren. Do erënneren ech ganz gären un d'Distributioun vun Useldeng, déi d'Madame Georges Marque während Jorzéngte gefouert huet an domat eng Entreprise familiale iwwerholl huet. Mä déi hunn entretemps hir Rechter un d'Cegedel ofginn.

Mir hunn also zurzäit zéng Distributeuren hei am Land. Wann ech soen zéng, dann ass et, well eng Partie vun deene lokalen Distributeure wäerte verschwannen, well se et guer net fäerdeg bréngen, den Obligatioune gerecht ze ginn, déi hei an dëse Projet-de-loië stinn, déi an den Direktive stinn.

Beim Gas, do hu mer nieft der Soteg, déi Gestionnaire vum Transportréseau ass, zwou Gemengen als Distributeur, an zwar d'Stad Lëtzebuerg an d'Stad Diddeleng. Dann hu mer nach zwou Gesellschaften: Luxgaz a Sudgaz. Fir déi kleng Distributeure wäert et also an Zukunft bal onméiglech sinn, fir sech nach virun op dësem Marché ze behaapten. «Au détriment des communes», schreift de Syvicol a sengem Avis.

D'Applikatioun vun den Direktive féiert zu enger ganzer Rei vu komplizéierte Prozeduren. Et muss ee sech och froen, ob se am Sënn si vun der Simplification administrative. D'Stad Lëtzebuerg huet eng Etüd maache gelooss, fir ze kucken, wat se brauch - si oder eng Gesellschaft, déi hir dobäi hëlleft -, fir déi heiten Direktiven elo ëmzesetzen. Do bräicht ee 26 Fachleit - 26 Spezialisten - zousätzlech, fir dat ze maachen; ofgesinn dovun, dass d'Informatik och muss enorm adaptéiert ginn, wat och e ganz héije Käschtepunkt wäert mat sech bréngen.

Erlaabt mer, Här President, e puer Wuert iwwert d'Stad Lëtzebuerg ze soen, wéi do d'Distributioun ass, wat den Impakt ass. Am Stroum huet d'Stad Lëtzebuerg 1.748 km Réseau. Et gëtt 1.194 Trafoen an et gëtt 61.000 Clienten. Fir de Service um Bierger an un de Betriber oprechtzeerhalen, brauch een dofir 111 Mataarbechter.

Am Gas ginn et fir d'Stad Lëtzebuerg an d'Gemenge Stroossen an Hesper, déi un de Reseau vun der Stad Lëtzebuerg ugeschloss sinn, 416 Kilometer mat ronn 27.000 Clientë mat engem Personal vun 59 Mataarbechter. Da kënnt nach d'Ofwécklung vum ganze Geschäft, den Akaf an de Verkaf vun den Energien derbäi. Dat gëtt bei der Stad Lëtzebuerg vun der Privatgesellschaft LEO ofgewéckelt, eng Privatgesellschaft, déi gegrënnt ginn ass vum viregte Schäfferot vun der Stad Lëtzebuerg, fir deenen zwou Direktiven, déi deemools schonn d'application waren, gerecht ze ginn.

Ech wëll hei op dëser Tribün all deenen e grousse Merci soen, déi um Opbau vun dëser Struktur bedeelegt waren, an do virun allem dem Administrateur délegué vu LEO, dem Här Jean-Paul Wagner.

D'Stad Lëtzebuerg huet eng laang Traditioun am elektresche Geschäft an am Gas. Zum Beispill ass d'Elektrizitéitswierk 1908 gegrënnt ginn, dat heescht, d'nächst Joer hu mer do de Centenaire. Déi Recetten, déi d'Gemeng domat mécht, déi d'Stad Lëtzebuerg domat mécht, si beträchtlech. Et ass en Ëmsaz vu ronn 200 Milliounen Euro pro Joer, wat gewalteg ass, an do gëtt e Benefiss gemaach a mat deem Benefiss ginn aner Dépensë gedeckt, déi net kënne vun aneren Taxe gedeckt ginn. Dat sinn Dépensen, déi den Innenminister - alt nees den Innenminister - als fakultativ betruecht.

Den Innenminister fënnt jo, dass eng Gemeng kee gemeinsamen Transport misst maachen. Den Innenminister fënnt och, dass den Theater eng Fakultéit ass, dass de Conservatoire eng Fakultéit ass oder zum Beispill och d'Beruffspompjeeën, mä dank de Recetten, déi d'Stad Lëtzebuerg huet, dank dem Benefiss aus den Energië kënne mer esou Servicer oprechterhalen.

Ech wëll drun erënneren, dass zum Beispill de Busbetrib an der Stad Lëtzebuerg en Taux de couverture duerch eege Recettë vun 30% huet. Déi aner Sue musse vun anzwousch hierkommen an déi kommen zum Deel aus dem Benefiss, dee gemaach gëtt am Energiesecteur, esou dass een dat och net däerf negligéieren.

Et muss een och soen, dass, fir dat Ganzt ze géréieren, d'Stad Lëtzebuerg ronn 200 Leit brauch, well nieft deene Leit, déi am Service...

Bis an d'Rue Beaumont schéngt den Appel gaangen ze sinn, well den Innenminister ass elo erakomm.

(Interruptions diverses et hilarité)

Une voix.- Très bien! Très bien!

Mme Anne Brasseur *(DP)*.- Et sinn an der Stad Lëtzebuerg, fir d'Geschäfter vum Gas a vum Elektreschen ofzewéckelen plus d'Leit vun der Recette, vun der Lecture, all déi een dozou brauch, ronn 200 Leit domat beschäftegt. Do muss ee sech wierklech d'Fro stellen, wéi dat an Zukunft geet, well wann d'Vuë vum Energieminister solle Realitéit ginn - a seng Vuë sinn elo grad gedeelt gi vun der Madame Hetto -, dann heescht dat, dass mer ee groussen nationale Réseau kréien an een nationale Gestionnaire de réseau, an da stellt sech d'Fro: Wat mécht d'Stad Lëtzebuerg mat all deem Personal?

Aner Gemenge sinn net an deem Mooss betraff, mä kënnen awer och betraff sinn. Et muss ee jo laut Direktiv och d'Aktivitéite trenne vun der Distributioun a vum Réseau, esou dass ee sech wierklech muss froen, wat mer maachen. Wa mer eng national Réseausgesellschaft kreéieren, wou d'Stad Lëtzebuerg mat dra wär, da sinn an der Stad Lëtzebuerg enorm vill kompetent Leit, déi den Know-how hunn, wéi een de Réseau bedreift am Secteur urbain. Et kann ee jo och net op deen Know-how verzichten. Also missten déi Leit an der nationaler Réseausgesellschaft mat kënne schaffen.

De Statut vum Gemengebeamten, dee mer hei virun engem Joer gestëmmt hunn, schwätzt sech awer dergéint aus, well gesot gëtt, dass, wann d'Gemeng mat enger Aktivitéit ophält, d'Personal awer da muss bei der Gemeng bleiwen an eng aner Affektatioun muss kréien.

Ech muss lech awer soen, dass déi Leit, déi do schaffen, souwuel an der Recette wéi an der Lecture wéi am Stroum wéi am Gas, héich qualifizéiert Ingenieuren, Techniker an Handwierker sinn, déi ee jo net fir aner Aarbechte ka gebrauchen. Déi kann een net zum Beispill fir de Foyer scolaire huelen, fir op d'Kanner opzepassen. Esou einfach ass dat net, an op där anerer Säit brauche mer hiren Know-how.

Do huet den Innenminister de 17. Januar 2007 de Gemenge geschriwwen, wéi d'Situatioun da vun deem Personal wär, an en huet do alles analyséiert an do koum en zur Konklusioun, dass de Congé sans solde net géif goen, well deen op véier Joer limitéiert ass. Da sot e weider, opgrond vun deem neie Statut kënnt d'Gemeng deenen och net kënnegen. Si missten dann eng aner Aktivitéit op der Gemeng maachen. E seet och, dass d'Personal net an eng privat Gesellschaft kann transferéiert ginn. Dat heescht also, et kann een nëmmen zur Konklusioun kommen, dass an deem Bréif, deen de 17. Januar vum Innenminister un d'Gemenge gaangen ass, keng Léisung war, well bei all deene Léisungen, déi opgezeechent gi sinn, koum en zur Konklusioun, dass een dat net ka maachen.

Also, säit dem Januar 2007, wou de Minister dat examinéiert a geschriwwen huet, wat een alles net ka maachen, hätt en awer Zäit gehat, Léisunge virzeschloen. De Gemengerot vun der Stad Lëtzebuerg huet den 18. Mäerz à l'unanimité eng Motioun ugeholl, wou de Schäfferot invitéiert ginn ass, bei der Regierung ze intervenéieren, fir - an ech zitéieren: «...à intervenir auprès du Gouvernement pour adapter les textes législatifs afin de permettre aux communes de rester actives dans le domaine de l'éléctricité et du gaz et de garantir l'emploi de l'ensemble de leurs salariés».

De Schäfferot vun der Stad Lëtzebuerg hat och e puer Entrevuë mam Innenminister. Och doropshin ass näischt erfollegt. Mir hunn nach ëmmer keng konkret Virschléi. Well mer awer der Meenung sinn, dass mer hei musse virukommen, muss d'Gesetzgebung vun de Gemengen adaptéiert ginn, wéi ech dat scho virdru gesot hunn.

De Conseil d'État seet och, dat misst geschéien de façon concomitante. Vu dass den Innenminister awer seng Hausaufgab net gemaach huet, begréissen ech et, dass eis Kolleege vun der grénger Fraktioun, de François Bausch an de Camille Gira, souwéi vun der DP-Fraktioun de Paul Helminger an de Claude Meisch eng Proposition de loi ebe virgeluecht hunn, presentéiert hunn, fir just op déi Punkten anzegoen, wou den Innenminister leider seng Hausaufgab net gemaach huet. Duerfir ass et ze begréissen, dass dat geschitt ass.

Den Här Bodry bedauert, dass dat net an der Kommissioun gemaach ginn ass. An der Kommissioun hu mer x-mol rappeléiert, dass solle Léisungen hei fonnt ginn, an an der Kommissioun koume mer selwer zur Konklusioun, dass een net soll déi Gesetzer, déi haut debattéiert ginn iwwert d'Ëmsetze vun der Direktiv, amendéieren - wat de Conseil d'État och gesot huet -, mä dass misst eng Änderung virgeholl ginn um Gemengegesetz, an dat ass jo och mat där Proposition de loi geschitt.

Ech wär frou, vu dass den Innenminister elo heihinnerkomm ass, ze héieren, wat dann d'Stellung vum Innenminister zu dëser Proposition de loi ass, déi mer dach esou séier wéi méiglech missten duerchhuelen, fir d'Gemengen iwwerhaapt an d'Lag ze versetzen, dës Direktiven ëmzesetzen.

Mir stëmmen haut e Gesetz an dat Gesetz sollen dann d'Gemengen ëmsetzen an d'Gemenge kënnen et net ëmsetzen, well d'Gemengegesetzgebung dergéint ass.

Nieft de Froen, wat d'Liberaliséierung brëngt, Här President, stellt sech och eng Fro vun der Sécherheet vum Approvisionnement, der Sécherheet vum Approvisionnement fir deen Eenzelnen. Dass déi net ëmmer ginn ass, dat ass technesch bedéngt, a mir haten nach virun e puer Deeg - ech mengen, et war e Sonndeg den Owend - eng Pann am Süde vum Land, vun där Verschiddener betraff waren. Virun e puer Wochen ass dat och an der Stad Lëtzebuerg virkomm. Esou Panne wäerte leider nach ëmmer geschéien.

Fir dass et awer net nach méi schlëmm gëtt, muss ee wierklech alles drusetzen, dass ons Netzer fiabel sinn, an duerfir ass den Investissement esou héich an duerfir befanne mer eis jo och hei an engem Marché régulé an net op engem fräie Marché.

Wat d'Sécurité de l'approvisionnement awer vu baussen ubelaangt, esou hänke mir als Lëtzebuerg zu honnert Prozent vum Ausland of, well mir jo kaum hei eng Produktioun hunn. An d'Energiedemande, déi wäert nach klammen.

D'Madame Hetto ass an hirer Stellungnahm dorop agaang, dass bis 2030 nach mat 50 bis 60% méi Energiebedarf muss gerechent gi weltwäit. Hei an Europa musse mer 50% vun onser Energie importéieren, an an Zukunft wäerten dat bis 70% ginn.

Mir mussen awer als Europa fäerdeg brëngen an och als Land fäerdeg brëngen, fir kompetitiv ze bleiwen, fir d'Energiefro an de Grëff ze kréien. Dat mécht een duerch Diversifizéierung; dat mécht een duerch nei Energiesourcen an do muss ee vill an d'Innovatioun stiechen. Dat mécht een duerch Partnerschafte vu Producteuren, mä och Partnerschafte mat Länner, déi Transitländer vun der Energie sinn. Ech wäert net am Detail op dës Debatt agoen. Déi hu mer geféiert am Dezember, wéi mer iwwert d'Energiefro hei debattéiert hunn.

Zu den Alternativenergien awer nach eng Remarque. Mir musse jo awer d'Capacitéiten, déi mer brauchen, garantéieren, a verschidden Alternativenergië sinn net op deem Stand, dass ee se ka garantéieren. Dat ass esou bei der Sonnenenergie an dat ass och esou bei der Wandenergie.

Ech wëll och hei a mengem perséinlechen Numm eng Remarque maachen zur Atomenergie. Mir sinn an enger hyprocriter Haltung wat Cattenom ubelaangt. Wat Cattenom ubelaangt, soe mer Nee fir de Stroum, dee vu Cattenom kënnt. Mir wëssen awer, dass ouni Atromstroum d'Luuchte géifen, net nëmmen hei zu Lëtzebuerg, direkt ausgoen. Déi hypocrite Haltung wollt ech awer hei dénoncéieren.

Här President, an der Kommissioun hate mer am Numm vun der DP eng ganz Partie vun Amendementer eragereecht - ech mengen, et waren der 17, wou der e puer vun der Kommissioun ugeholl gi sinn, déi aner verworf gi sinn. Ech wëll lech a mir den Exercice erspueren, déi verworfen Amendementer nach eng Kéier hei virzebréngen, well ech jo weess, dass d'Majoritéit se nach eng Kéier géif verwerfen, esou dass ech net méi dorop wëllt zréckkommen.

Ech wëll nach eng Remarque maachen zu der Applikatioun vun dësem Gesetz. Wann dëst Gesetz zur Applikatioun kënnt, da kënnt nach zousätzlech Aarbecht op den ILR duer. Den ILR ass am Moment - esou gesinn ech dat wéinstens - awer schonn esou mat Aarbecht agedeckt, esou dass dee sécherlech muss opgestockt ginn. Vu dass deem seng Käschten awer selbstdroend musse sinn, kritt dat erëm eng Répercussioun op de Präis vun all deenen, déi op den ILR zréckgräifen. An ech wollt awer just froen, wéi d'Regierung dat gesäit, wat d'Entwécklung vum ILR ubelaangt a wéi do d'Répercussion financière dann ass.

Nach ee Wuert zu deene Clienten, déi net kënnen, aus iergendengem Grond, hir Rechnunge vum Stroum a vum Gas bezuelen. Do gëtt et effektiv Abusen an déi muss een ënnerbannen. Mä déi Leit, déi sozial schlecht dru sinn, do si jo hei Kritäre virgesinn, an ech sinn och der Meenung - wéi de Rapporteur -, dass ee soll kucken dat iwwert d'Offices sociaux ze léisen, well déi méi no beim Bierger sinn, wéi iwwer eng national Struktur.

Här President, zum Schluss wëll ech soen, dass d'DP-Fraktioun dës Projets de loi net ka stëmmen, an dat aus véier Haaptgrënn: 1. d'Liberaliséierung vum Stroum- a Gasmarché brëngt deem eenzelne Client näischt; 2. et ass keng Baisse vun de Präisser ze erwaarden, dat heescht, de Gas an d'Elektresch ginn net méi bëlleg fir den eenzelne Konsument; 3. d'Gemenge sinn am Moment net an der Lag, d'Gesetz ëmzesetzen, well verschidden Dispositioune vun dësen Texter hei contraire sinn zu dem Gemengegesetz; a 4. wëlle mer mat onsem Vote géint dëse Projet d'Inaktioun vum Innenminister, fir keen anert Wuert ze gebrauchen, dénoncéieren.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Madame Brasseur. Den nächste Riedner ass den Här Kox.

M. Henri Kox *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och am Numm vun der grénger Fraktioun wollt ech am Ufank vu menger Ausféierung dem Rapporteur, trotz vläicht deene klenge Remarquë vun de leschten Deeg an och vun där Remarque vu virdrun, Merci soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport. An deem Merci wëll ech awer och speziell de Sekretär vun eiser Parlamentskommissioun mat abezéie souwéi d'Experte vum Wirtschaftsministère, déi besonnesch an de leschten Deeg e regelrechte Kraaftakt hu misse leeschten, fir dës Gesetzer nach iwwert de Bierg kënnen ze bréngen. Dobäi hu mir misse sämtlech parlamentaresch Regelen op d'Kopp geheien.

No deene Mercië kommen ech awer net derlaanscht, meng grouss Enttäuschung auszedrécken, trotz groussem Aarbechtsopwand, an ech betounen, bei konstruktivem Aarbechtsklima vu sämtleche Bedeelegten, iwwert d'Aart a Weis, wéi esou e wichtegt a wäiträichend Gesetz huet missen iwwert de Knéi gebrach ginn.

Vläicht just zur Erënnerung e puer Daten: 19 Kommissiounssëtzungen, et gouf scho vum Rapporteur virdru gesot, woubäi besonnesch déi lescht Sëtzung bal net méi zoumuttbar war an ech de Seriö vun enger parlamentarescher Aarbecht dach staark a Fro gestallt hunn. Zum Schluss huet ee vu villen Dokumenter kee Blat viru sech méi gesinn. Esou goufen de 25. Juni, no enger Marathonsëtzung vun iwwer sechs Stonnen, 60 Amendementer zum Stroumgesetz a 27 Amendementer zum Gasgesetz dem Statsrot zougeschéckt, mat dem Wonsch an der Bitt, dach wann ech gelift innerhalb vun enger Woch säin zweeten Avis ofzeliwweren. Dës 60 respektiv 27 Amendementer waren néideg, well am éischten Avis 12 Oppositions formelles vum Statsrot formuléiert goufen.

Esou konnten eréischt de leschte Méindeg, den 9. Juli, den zweeten Avis vum Statsrot analyséiert ginn a gläichzäiteg och de Rapport, souwuel vum Stroumgesetz wéi och vum Gasgesetz, ofgestëmmt ginn.

Et stellt sech natierlech d'Fro, wien hei seng Hausaufgab an deene leschte Joren net gemaach huet. Firwat huet misse bis op de leschte Stëppel gewaart ginn, fir esou e Gesetz ëmzesetzen?

Zënter e puer Joer ass de Stéchdatum vun der vollstänneger Liberaliséierung vum Stroum- respektiv dem Gasmarché bekannt. De Stéchdatum vum 1. Juli 2007 gouf säit Joren ëmmer nees genannt. D'Direktiven 2003/54 zum Stroum respektiv 2003/55 iwwert de Gas goufe schonns de 26. Juni 2003 vum Conseil ugeholl a sollen déi éischt Direktiven iwwert de Marché intérieur vum Gas respektiv vum Stroum ersetzen.

Vläicht nach just ee Saz zu den Direktiven am Allgemengen, well besonnesch eise Wirtschaftsminister jo ëmmer nees eis Parlamentarier drun erënnert, méiglechst eng Eent-zu-eent-Ëmsetzung duerchzeféieren. Ech si jiddferfalls frou, dass och de Minister sech dëser „rien que la directive"-Philosophie huet misse beugen. Dës zwee Gesetzer si grad Paradebeispiller, wéi eng Direktiven net eent zu eent ëmgesat konnte ginn, an dëst besonnesch am Stroumgesetz, well ganz lännerspezifesch Artikelen hei an dat Gesetz hu misse bäigefügt ginn. Et ass - heiansdo an de Kulissen - deels Rieds gaange vun enger sougenannter Lex Cegedel.

Wien huet dann elo bei dëser Ëmsetzung schlussendlech geschlof?

Éischtens muss een hei ganz kloer déi viregt CSV-DP-Regierung uprangeren, déi den Dossier einfach verschleeft an net déi néideg Preparative gemaach huet. Esou huet de viregte Wirtschaftsminister et verpasst,...

M. le Président.- Här Kox, loosst Der eng Fro vum Här Grethen zou?

M. Henri Grethen *(DP)*.- Här President, ech wollt den Här Kox froen, wat en zu där Ausso do verleet hätt? Ob hien Interna aus dem Wirtschaftsministère hätt?

M. le Président.- Här Kox, Dir hutt d'Wuert.

M. Henri Kox *(DÉI GRÉNG)*.- Ma ech stelle just fest, dass mer haut - de wéivillten hu mer? - den 11. Juli 2007 hunn a mer eng Direktiv hätte missen ëmsetzen an de Leit Planungssécherheet a Kloerheet sollte schafe fir den 1. Juli 2007. An dass déi Aarbechten a sech hätte preparativ virdrun ugesat ginn, an dat ass, mengen ech, verpasst ginn. An dofir maachen ech just eng Feststellung, dass am Virfeld vun der neier Regierung déi eng oder déi aner Preparativen hätte kënne gemaach ginn.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Den Här Grethen huet d'Wuert.

M. Henri Grethen *(DP)*.- Här President, géif den Här Kox mir zoutrauen, wann ech d'Chance gehat hätt, nom 13. Juni 2004 Energieminister ze bleiwen, ob ech dann en temps utile dee Projet hätt kënnen déposéieren?

M. Henri Kox *(DÉI GRÉNG)*.- Leider sinn dat net ech, deen dat décidéiert, mä dat ass d'Vollek dobaussen, dat dat souverän nach ëmmer ausübt.

Une voix.- Mat Ärer Hëllef awer!

(Hilarité)

M. le Président.- Den Här Wirtschaftsminister huet d'Wuert.

M. Jeannot Krecké, *Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur*.- Här President, et ass net meng Gewunnecht - a mäi Virgänger weess dat -, fir an d'Vergaangenheet ze goen, mä wann d'Madame Brasseur am Numm vun der DP hei seet, dass et dës Regierung ass, déi den Dossier verschleeft huet, da gëtt et een Datum, dee sonnekloer ass: Si hätt missen ëmgesat sinn den 1.7.2004, a manifestement...

M. Henri Kox *(DÉI GRÉNG)*.- Jo, jo, entschëllegt! Bien sûre! Merci.

M. Jeannot Krecké, *Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur*.- Manifestement war ech zu deem Zäitpunkt net Minister!

M. Henri Kox *(DÉI GRÉNG)*.- Okay, Merci, Här jëtzege Wirtschaftsminister, fir d'Kloerstellung fir de fréiere Wirtschaftsminister.

(Hilarité)

D'Acteuren, an hei besonnesch d'Gemengen, hätte misse vill éischter a proaktiv op dës Ouvertür virbereet ginn, a sech déi fënnef Joer virdrun. Ech hoffen, dass et a sech dann eben en Oubli war a kee bewosst Ënnerloosse vun Hëllefstellung.

Och de jëtzege Wirtschaftsminister huet laang gebraucht an dësem Dossier, fir virunzekommen. Et gëtt sécherlech eng ganz Rei vun Ursaache fir dat Netukommen am Ufank. Sécherlech huet d'Présidence am Ufank vun der Legislaturperiod Hiert dozou bäigedroen. Dësen Ëmstand ass awer nëmme bedingt als Ursaach unzeerkennen, och deen Datum vun der Présidence war scho laang bekannt.

Eppes schéngt awer fir déi Gréng ganz kloer ze sinn: Déi jëtzeg Regierung war weder op den Dossier Energie, an domat och de Klimaschutz, virbereet nach huet si déi néideg Visioun fir e Paradigmewiessel an der Energiepolitik während deene leschten dräi Joer développéiere kënnen. Heizou ee Beispill.

Den Ëmgang mat den erneierbaren Energië war an ass nach ëmmer e Paradebeispill fir dës Onkohärenz. Sécherlech sinn e Méindeg nei a besser Reglementer fir d'Förderung vun den erneierbaren Energië respektiv der Energie-Effizienzsteigerung presentéiert ginn, déi - ech hoffen emol - dem Secteur erëm déi néideg Planungssécherheet zréckginn. Am gläichen Otemzuch gëtt awer alles Erdenkleches ugestallt, fir d'erneierbar Energien an och d'Effizienzsteigerung erëm ze relativéieren an hire Bäitrag ze marginaliséieren.

Esou ass souwuel aus dem Mond vum Premierminister wéi ëmmer nees aus dem Mond vum Wirtschaftsminister ze héieren, et si jo ëmmer nëmmen 8% bis 2020 méiglech.

Falsch, nach eng Kéier falsch a fir d'Drëtt falsch! Dëse Prozentsaz baséiert zwar op enger Potenzialstudië, déi vun engem renomméierten Institut, dem Fraunhofer Institut, ausgeschafft gouf, déi Potenzialstudië huet awer eng Onmass vu Parameteren, déi, jee nodeem wéi déi verstallt a gedréint ginn, e méi oder manner héijen Undeel vun erneierbaren Energien opweisen. Besonnesch den Energieverbrauch an hei speziell de Stroumverbrauch gi kaum thematiséiert respektiv fanne Berücksichtigung an där Etüd.

Esou geet dës Etüd nach ëmmer vun enger Steigerung vun 20% bis 2020 am Stroumberäich aus. Hu mir net och do zu Bréissel versprach, bis 2020 europawäit 20% ze reduzéieren? Dobäi ass d'Relatioun tëschent Energiekonsum an erneierbar Energië ganz evident. Jee méi mir den héijen Energiekonsum an de Grëff kréien, desto méi héich gëtt den Undeel natierlech vun den erneierbaren Energien.

Beim inlännesche Kraaftstoffverbrauch, also beim Bensin an dem Diesel, dergéint gi mer eis ganz vill an héich ambitiéis Ziler. Hei geet d'Potenzialstudië nämlech vun enger Reduktioun vu 17% bis 2020 aus. Beim Stroumverbrauch wäert sech deemno de Wirtschaftsminister duerchgesat hunn a beim Kraaftstoffverbrauch den Ëmweltminister.

Och d'Zesummespill an d'Koordinatioun tëschent dem Ëmwelt- an dem Wirtschaftsminister - oder de -ministèren - loossen nach ëmmer ze wënschen iwwreg. Kaum huet deen ee seng Programmer um Dësch, gi se direkt erëm vun deem aneren ofgewiergt an als wirtschaftsfeindlech, als utopesch oder als ze deier ofgestempelt. Dobäi ass bekannt, an dat huet de Stern-Report ganz androcksvoll bewisen, dass den Invest a klimaschounend Technologien haut ëm e Villfaches méi bëlleg ass, wéi wa mer nach Joren drop waarden.

Dass et am Wirtschaftsministère och esou laang gedauert huet, bis endlech alles um Rulle war, huet och mat der Zesummesetzung vun dësem Ministère ze dinn. Hei besteet en „fliegende Wechsel" vun den zoustännege Beamten aus dem Wirtschaftsministère an d'Energiewirtschaft. Ko-

mesch ass jiddfefalls, dass dee Wiessel oft no Reforme vun engem Energiegesetz erfollegt. Déi finanziell Ureizer respektiv d'Attraktivitéit vum Job an der Energiewirtschaft sinn natierlech méi grouss, wéi am Ministère dréche Gesetzer redigéieren ze mussen. Op dës Problematik kommen ech awer nach eng Kéier méi spéit zréck. Mä zréck zu den Aarbechten innerhalb vun der Kommissioun!

Esou wéi schonns gesot, hate mer eng ganz Rei vu Sëtzungen an hu ganz konstruktiv, trotz den inhaltlechen Divergenzen, quer iwwert d'Parteien ewech un der Ëmsetzung vun dësen Direktive geschafft. Vläicht souzen awer déi zwou gréissten Oppositiounsparteie während 19 Sëtzungen och nëmmen do Kaarten ze spillen? Ech war jiddefalls erstaunt iwwert de Communiqué, deen déi Sozialistesch Aarbechterpartei e Méindeg erausginn huet, fir der Oppositioun keng konstruktiv Aarbecht innerhalb der Kommissioun ze ënnerstellen.

Fakt ass, dass ech am Numm vun der grénger Fraktioun - a virdrun huet dat op androcksvoll Aart a Weis d'Madame Brasseur och fir d'DP gesot - 19 schréftlech Amendementer eragereecht hunn.

Une voix.- Aha!

M. Henri Kox *(DÉI GRÉNG)*.- Niewent dëse schréftlechen Amendementer hunn ech lech och den 20. Mäerz e Bréif zoukomme gelooss, fir endlech och emol dem Wirtschaftsminister seng Proposen ze héieren, wat alles am Beräich vun der Netzzesummeleeung an der allgemenger Energiepolitik geplangt ass. Säit dem Débat d'orientation iwwert d'Energiepolitik vum leschten Dezember gëtt just nach alles an der donkelster Donkelkammer vum Wirtschaftsminister geplangt an décidéiert.

Nodeems déi Gréng zesumme mat der DP e Méindeg eng Gesetzespropos ugekënnegt hunn, fir de Gemengen endlech eng Rechtsbasis bei hiren Tätegkeeten am Beräich vun der Energie an dem Klimaschutz ze ginn, ze behaapten, d'Oppositiounsparteie géife sech net konstruktiv abréngen, ass schonn e staarkt Stéck a weist éischter op e schlecht Gewëssen hin, dat si bei dësen zwee Gesetzesprojeten hunn.

Eemol méi weist hei besonnesch d'Sozialistesch Aarbechterpartei, an hei wëllt ech den Ëmweltminister ausdrécklech ausklameren, dass si den Eescht vun der Situatioun am Beräich vum Klimawandel net richteg matkritt hunn. Souguer déi Chrëschtlech-Sozial Vollekspartei schéngt dat mëttlerweil matkritt ze hunn. Sou war den 20. Abrëll grouss an der Dagespress nozeliesen: „CSV verlangt Kurswechsel beim Klimaschutz." A weider war nach ze liese vum Generalsekretär Schank: „Sämtliche Fakten liegen auf dem Tisch. Nun muss gehandelt werden!" Säitdeem ass et zwar erëm zimlech roueg ginn an et herrscht praktesch Funkstille, mä zumindest hu si den Anstand a klappen net gläich an d'Flilleken, wann emol konstruktiv Propositioune vun der Oppositioun kommen.

Wann dës Gesetzespropos vun DÉI GRÉNG an DP hätt missen an enger Kommissioun diskutéiert ginn, dann éischter an der Intérieurskommissioun, wéi an der Wirtschaftskommissioun. Där grénger Fraktioun war et nach ëmmer wichteg, de Gemengen net nëmmen de Kader ze liwweren, fir op engem liberaliséierte Stroum- a Gasmarché kënnen ze bestoen, mä méi generell Aufgaben am Beräich vun der Energiepolitik a besonnesch am Beräich vum Klimaschutz ze iwwerhuelen.

Ech wëll hei nach eng Kéier un eng Motioun vun der grénger Fraktioun erënneren, déi während dem Débat d'orientation iwwert d'Energiepolitik am Dezember an déi zoustänneg Kommissioun verwise gouf. Heibäi gëtt d'Regierung invitéiert, ech zitéieren: «à soutenir les communes pour qu'elles puissent participer pleinement aux efforts communs pour relever un des principaux défis du vingtième siècle, c'est-à-dire la protection du climat et la réduction des émissions de gaz à effet de serre».

Säit Jore gëtt näischt ausgelooss, fir grad d'Gemengen an deem Beräich regelrecht ze schikanéieren. Ech wëll och de fréieren Innenminister, den Här Wolter, nach eng Kéier zitéieren, deen op eng Question parlementaire vum Kolleeg Bausch de 26.7.2002 geäntwert huet - ech soen et elo e bëssen op Lëtzebuergesch -, dee ganze Buttek dach nëmmen ze verkafen. Ech zitéieren aus där Question parlementaire, déi am Zesummenhang mat der Liberaliséierung vun de Stroumnetzer steet: «La meilleure solution possible pour les communes, afin de sauver leur patrimoine, serait une vente au meilleur offrant de l'ensemble des infrastructures, à savoir les réseaux de distribution de l'énergie et les équipements annexes ainsi que la clientèle actuelle encore attachée au réseau.»

Et sinn awer grad d'Gemengen, déi no beim Bierger eng ganz wäertvoll Aarbecht kënne leeschten. Beispiller gëtt et genuch, ech wëll just hei un déi sëllech Klimabündnisgemengen erënneren. Och an der Berodung waren et Gemengen, déi Virreider gespillt hunn. Dir braucht lech just nëmmen d'Beispill vum Kanton Réiden unzekucken.

Mä vläicht hëlleft och den Drock vun der LSAP - elo endlech! - op den aktuellen Innenminister, fir an dës Gesetzespropos vun DP an DÉI GRÉNG vum Méinden endlech Bewegung eranzekréien.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zréck zum eigentlechen Dossier vun der Liberaliséierung am Stroum- an am Gasmarché. Ier ech mech mat der Ëmsetzung vun der Direktiv a Lëtzebuerger Gesetzgebung wëll beschäftegen, ass et vläicht nach eng Kéier opschlossräich, déi wichteg Froe vun der Liberaliséierung ze beliichten.

1. Wat seet déi Direktiv? Wat soll duerch d'Liberaliséierung erreecht ginn?

- D'Ouvertür op all kommerziell an duerno (Stéchdatum 1. Juli 2007) op all Haushalter.

- E bessere Kader, fir dass déi Liberaliséierung a geregelte Bunne soll oflafen. Eng Reregulëierung vun der éischter Direktiv.

- D'Europaparlament huet ënnert der Fiederféierung vum Claude Turmes nach folgend Punkte konnten duerchsetzen:

- eng legal Trennung tëschent Netz a Produktioun, géint de Widderstand vun den Energiekonzerner,

- d'Aféierung vun nationale Reguléierungsämter,

- en detailléierten Artikel 3 mat der Obligation de service public, besonnesch mam Schutz fir Konsumente souwéi der Stroumkennzeechnung,

- Konkurrenz haaptsächlech op der Grousshandelsebene anzeféieren,

- de Choix fir de Konsument net nëmme beim Präis, mä och bei der Qualitéit, notamment duerch d'Aféierung vu Kennzeechnungen an d'Méiglechkeet, grénge Stroum anzekafen.

2. Wéi eng Erfahrunge sinn da mëttlerweil an Europa mat der Liberaliséierung gemaach ginn?

- An deene Länner, wou et genuch Wettbewerb gëtt - an där gëtt et - an an deene streng genuch géint d'Konzentratioun vum Marché virgaange ginn ass, sinn d'Resultater net esou schlecht, insbesondere a Skandinavien.

- Méi schwiereg ass d'Lag an Däitschland an a Frankräich, well duerch ongebremste Fusioune sech besonnesch déi dräi Kompanien an der EU breetgemaach hunn, an déi heeschen RWE, E.on an EDF.

3. Aus deenen Erfahrunge vun de leschte Jore mussen deemno nei Konsequenze gezu ginn. An dat sinn?

- Wann den Uelech- an de Gaspräis steigt - an do hu mir hei keen Afloss drop, déi wäerten an der Zukunft och weider steigen; et ass eng Illusioun ze mengen, de Stroumpräis an de Gaspräis géifen an der Zukunft falen -, musse mir aner Méiglechkeeten notzen, fir d'Käschten ze reduzéieren. Dëst geet just nëmmen iwwert d'Stroumspueren.

- Kucken, dass een als Land - an do ass Lëtzebuerg och betraff - net duerch grouss Konzerner vu bausse geschléckt gëtt.

- Komplett Trennung vun den Netzer an ënnert öffentlecher Kontroll.

- Genuch eenheemesch Acteuren, an do besonnesch eis Gemenge weider un deem Marché bedeelege loossen.

- Schutzmoossname géint den Abus, besonnesch fir déi sozial Schwaach, anzeféieren.

- Stäerkung vun Transparenz a Matsproocherecht vun all den Acteuren.

- E Begleetgremium, deen direkt mam Régulateur ka schwätzen.

D'Liberaliséierung vu Stroum- a Gasmarché ass deemno weder schwaarz nach wäiss, mä eng Chance, den Energiesecteur esou opzestellen, fir dass mir där gréisster Erausfuerderung vun der Mënschheet, nämlech dem Klimawandel, kënne konsequent entgéintwierken.

Liberaliséierung heescht och net Privatiséierung.

Liberaliséierung heescht net den Ausverkaf vum Intérêt public, mä grad d'Stäerkung vum öffentleche Secteur.

Liberaliséierung heescht net Konzentratioun, mä Dezentraliséierung. Net een Acteur, mä d'Villfalt vun den Acteure stäerken.

Liberaliséierung heescht, den Internet vun der Energie virbereeden, fir dass jidder Energiekonsument zum Energieproduzent ka ginn.

Liberaliséierung heescht, de Klima- an de Verbraucherschutz an de Vierdergrond ze stellen.

Déi gréng Fraktioun ass alles anescht wéi iwwerzeegt, dass dës Gesetzer zur Stroum- a Gasliberaliséierung deene virgenannte Prinzipië kënne gerecht ginn. Dës Gesetzer weisen op ville Punkten Defiziter op, déi mir net kënne matdroen. Dës Defiziter si souwuel bei sozialen, ökologeschen, transparenten an och demokratesche Beräicher an dësem Gesetz zréckzefannen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, no deene méi generellen Iwwerleeungen zu dësem Gesetz, wëll ech eng Rei vun eenzelne Punkten aus dësem Gesetz, an aus grénger Siicht nach eng Kéier, méi genee beliichten; an dëst besonnesch no de virgenannte véier Kritären.

Als éischte Punkt wëll ech heibäi de soziale Vëlo, eh Volet beliichten.

Pardon!

Une voix.- Dat ass och emol gutt gesot.

M. Henri Kox *(DÉI GRÉNG)*.- Dat ass och emol gutt gesot.

(Interruptions diverses)

M. le Président.- Här Kox, huelt de Fuedem nees op, wann ech gelift!

M. Henri Kox *(DÉI GRÉNG)*.- Merci, Här President.

Dass dëst Gesetz iwwert de Knéi gebrach gouf, ass besonnesch um Punkt vun der sozialer Ofsécherung vu Leit auszemaachen, déi net méi déi néideg Moyenen opbrénge kënnen, fir hir Energie, sief dat Stroum oder Gas, ze bezuelen. Et ass och grad do, wou de Rapporteur virdrun des Laangen an des Breeden nach referéiert huet. Dëse Volet gëtt souwuel am Stroumgesetz wéi am Gasgesetz an am Kapitel iwwert de Prinzip vum Service universel behandelt.

Dëse Service universel am Stroumgesetz beseet zum Beispill, dass all Stroumverbraucher d'Recht op den Zougang vu Stroum huet an dëse Stroum zu enger definéierter Qualitéit, vergläichbar, transparent an zu engem abordabele Präis ze kréien ass.

Niewent dëse Kritäre gëtt awer och an deemselwechten Artikel d'Prozedur definéiert, wéi et zu engem Ofspäre vun der Energie kënnt, wann e Client säi Stroum oder Gas net méi ka bezuelen.

Esou gesäit d'Prozedur vir, dass et no enger schréftlecher Opfuerderung am Intervall vun zweemol 15 Deeg zu enger Ofspärung kënnt an op d'Käschte vum Client e Compteur à prépaiement ugeschloss gëtt.

Net nëmmen, dass dëst zousätzlech Käschte fir de Client bedeit, mä d'Gefor ass grouss, dass et zu onnéidege prekäre Situatioune kënnt. Situatiounen, déi sech och ëmmer méi oft hei zu Lëtzebuerg erginn.

Bis haut konnt mir nach keen offiziell eng Zuel iwwert den Ëmfang vun dësen Ofspärunge genau quantifiéieren. Och konnt mir bis haut nach kee genau d'Opschlësselung vun dëse Fäll presentéieren. Dobäi hunn ech am Ufank vun eisen Diskussiounen an Aarbechten an der Kommissioun drop higewisen, eis genau Zuelen iwwert den Ëmfang vun dësen Ofspärungen ze liwweren - nozeliesen am Rapport vum 15. Februar.

Wéi gesot, bis haut hu mir déi Donnéeën nach ëmmer net ze gesi kritt. Et geet hei net dorëms, déijéineg ze schützen, déi en Abus bedreiwen, mä grad deenen, déi an enger prekärer Situatioun sinn, eng geziilten Hëllefstellung unzebidden.

D'Regelung, déi de Moment am Gesetz ageschriwwen ass, geet fir déi gréng Fraktioun net duer. De Statsrot huet a sengem Avis majoritär suggéréiert, d'Sozialamt anzeschalten an am Virfeld ze informéieren, esou dass iwwert dee Wee déi néideg Hëllefstellunge kënne geleescht ginn.

Dës Propos geet eis awer net wäit genuch a bitt dofir och net déi néideg gläichberechtegt Sécherheet am ganze Land un, well et staark vun deenen eenzelne Sozialämter ofhänkt a vläicht just an deene grousse Stied richteg funktionéiere wäert. Derbäi kënnt, dass déi Aufgab erëm op d'Gemengen ofgewälzt gëtt. Och gëtt d'Sozialamt bei jidder Op- an Ofspärung informéiert, ob et sech dobäi ëm e Sozialfall handelt, oder net.

Duerfir schléit déi gréng Fraktioun nach ëmmer vir, den Avis séparé vum Statsrot ze ënnerstëtzen, deen dës Aufgab net de Sozialämter iwwergëtt, mä dem Fonds national de Solidarité. Den Avis séparé schléit nämlech eng ähnlech Prozedur vir, wéi déi, déi de Moment a Frankräich applizéiert gëtt, an dofir wonnert et mech, dass d'Regierung opgefuerdert gëtt vum Rapporteur, sech a Frankräich ëmzekucken.

Hei ass et d'Persoun selwer, déi sech beim Fonds national de Solidarité umellt, fir déi néideg Hëllefstellung ze kréien.

(Interruption)

Dir hutt och virdru gesot, a Frankräich an an der Belsch sollte mer kucken, wéi eng Regelen do bestinn, a mir haten an der Diskussioun an der Kommissioun des Öfteren och iwwert den Avis séparé Rieds, deen ebe genau déi Formulatiounen aus dem franséische Gesetz iwwerhëlt. Heiduerch wäerten och onnéideg Ofspärungen erfollegen, well et genau op déi Leit ausgeriicht ass, déi sech an enger prekärer Situatioun befannen.

Duerfir erlaabt mer, Här President, den Avis séparé vum Statsrot als Amendement nach eng Kéier ze déposéieren an lech ze bieden, dës Amendementer zur Ofstëmmung ze stellen.

Amendement 1: Protection des personnes les plus démunies

À l'article 2 du projet de loi, le paragraphe 8 est remplacé par le texte suivant:

«(8) Pour les clients résidentiels, en défaillance de paiement, les règles suivantes sont applicables en matière de fourniture d'électricité:

a) En cas de non-paiement dans un délai d'un mois à partir de la date d'échéance d'une facture, un rappel est envoyé au client par le fournisseur avec la proposition d'un règlement amiable et avec la mention qu'en cas de difficulté de paiement, la personne est en droit de demander une aide auprès du Fonds national de Solidarité.

b) Toute personne physique titulaire d'un contrat de fourniture d'électricité éprouvant des difficultés à s'acquitter de la facture d'électricité de sa résidence principale en raison d'une situation de précarité, et qui n'aura pas pu trouver d'accord avec son distributeur sur un règlement amiable, peut déposer auprès du Fonds national de Solidarité une demande d'aide au paiement des factures d'électricité, le cas échéant et si elle le souhaite, par l'intermédiaire d'un service social.

Le Fonds national de Solidarité informe immédiatement le fournisseur de l'introduction d'une demande d'aide. Toute personne ayant déposé un dossier de demande d'aide bénéficie, dans l'attente de la décision du Fonds national de Solidarité, du maintien de la fourniture d'électricité avec une puissance minimale à déterminer par règlement grand-ducal.

Les critères de décision d'attribution par le Fonds national de Solidarité sont les suivants:

- le quotient social du foyer, tenant compte des ressources du foyer et des personnes composant le foyer (le calcul technique de ce quotient sera précisé par voie de règlement grand-ducal);

- la part de la facture d'électricité dans les ressources du foyer;

- les charges du foyer;

- la situation familiale du demandeur;

- la situation de santé des personnes vivant au foyer;

- l'existence d'un éventuel handicap;

- les caractéristiques du logement et de son équipement électrique;

- la présence au foyer d'enfants ou de personnes âgées;

- l'existence d'un éventuel surendettement.

L'aide attribuée consiste en une prise en charge totale ou partielle du paiement au distributeur des factures impayées. Cette prise en charge peut être effectuée sous forme de subvention, d'avance remboursable ou des deux, selon la situation du demandeur.

Le Fonds national de Solidarité, en collaboration avec les distributeurs d'électricité, propose les mesures et informations visant à réduire les factures à venir ou à en faciliter le paiement, telles que conseil en matière de maîtrise de la demande d'électricité, conseil tarifaire, bilan de l'installation électrique, recherche du financement en vue de la rénovation de l'installation électrique, mise en place de comptages appropriés. Le Fonds national de Solidarité peut également informer ces personnes sur les organismes susceptibles d'apporter une aide à la gestion budgétaire. Les distributeurs fournissent au Fonds national de Solidarité les seules informations nécessaires au traitement des demandes d'aide et à la proposition des mesures de prévention.

c) En cas de non-paiement dans un délai d'un mois à partir de la date d'envoi du rappel visé sous a) et pour le cas où le client n'introduit pas de demande d'aide auprès du Fonds national de Solidarité, le fournisseur a le droit de faire placer, par le biais du gestionnaire de réseau concerné, un compteur à prépaiement jusqu'au règlement entier de la dette. En cas de paiement intégral de la dette par le client, le fournisseur charge le gestionnaire de réseau concerné de remplacer le compteur à prépaiement par un compteur normal. Ce remplacement s'effectue dans les trois jours ouvrables qui suivent la demande.

Le placement d'un compteur à prépaiement ne suspend pas le recouvrement des factures antérieures, le fournisseur se réservant le droit d'en obtenir le paiement par toutes voies de droit. L'octroi d'un plan de paiement des arriérés ne modifie pas les conditions d'exigibilité des factures émises ultérieurement par le fournisseur.

Tous les frais engendrés par les procédures de recouvrement, le placement et l'enlèvement d'un compteur à prépaiement, les frais de déconnexion et de reconnexion sont à charge du client en défaillance de paiement.»

Amendement 2: Protection des personnes les plus démunies

À l'article 7, les paragraphes 6 et 7 sont à adapter en conséquence:

«(5) Afin d'assurer le financement du mécanisme de compensation visé au paragraphe 4, tout gestionnaire de réseau, distribuant de l'énergie électrique à des clients finals sis au Grand-Duché de Luxembourg, doit récupérer la contribution due pour le mécanisme de compensation exigible dans le chef du client final par toutes voies de droit, soit directement auprès du client final, soit auprès du fournisseur devant collecter la contribution. Le gestionnaire de réseau a le droit de recourir aux procédures prévues au paragraphe 8 de l'article 2 pour les clients résidentiels et à l'article 1134-2 du Code civil pour tous les autres clients, quel que soit le montant de la contribution non réglée ou devant être transférée.

En cas de fourniture intégrée, le fournisseur, qui a avec le client final un contrat incluant le paiement de cette contribution à être transférée par le fournisseur au gestionnaire de réseau, a les mêmes droits que le gestionnaire de réseau pour récupérer la contribution, y compris ceux découlant du paragraphe 8 de l'article 2 pour les clients résidentiels et de l'article 1134-2 du Code civil pour tous les autres clients, quel que soit le montant de la contribution non réglée.

(6) Les obligations découlant de l'article 6 de la loi modifiée du 5 août 1993 concernant l'utilisation rationnelle de l'énergie et de ses règlements d'exécution sont à considérer comme obligations de service public bénéficiant de la compensation financière au sens du paragraphe 3 du présent article.»

Amendement 3: Protection des personnes les plus démunies

L'article 21, paragraphe 2, est également à adapter:

«(2) Tout gestionnaire de réseau ou fournisseur visé au paragraphe 1er récupère les frais d'utilisation du réseau exigibles dans le chef du client final par toutes voies de droit, soit directement auprès du client final, soit auprès du fournisseur devant collecter les frais d'utilisation du réseau pour les transférer au gestionnaire de réseau. Tout gestionnaire de réseau ou fournisseur visé au paragraphe 1er a également le droit de recourir aux procédures prévues au paragraphe 8 de l'article 2 pour les clients résidentiels et à l'article 1134-2 du Code civil pour tous les autres clients, quel que soit le montant des frais d'utilisation non réglés ou devant être transférés.»

Commentaire:

Ces trois amendements reprennent intégralement les propositions de texte du Conseil d'État dans son avis séparé du 24 avril 2007, tout en ayant adapté la numérotation et les renvois d'articles a la version actuelle du projet de loi. Les amendements se basent prioritairement sur les considérations suivantes:

Le Conseil d'État signale que les auteurs de la directive européenne à l'origine du présent projet de loi sur l'organisation du marché de l'électricité furent conscients de la nécessité d'une protection spécifique des clients vulnérables, car le paragraphe (24) du préambule de la directive mentionne que «…Il convient que les États membres prennent les mesures nécessaires pour protéger les consommateurs vulnérables dans le contexte du marché intérieur de l'électricité.» Le Conseil d'État estime par contre que les auteurs du projet de loi luxembourgeois n'ont pas suffisamment tenu compte de ces obligations, car les dispositions du paragraphe 8 de l'article 3, traitant des clients résidentiels en défaillance de paiement, risquent de laisser trop de ménages visés dans le noir!

La Chambre des Employés privés, quant à elle, se déclare consciente de la nécessité d'instaurer une procédure de déconnexion pour éviter des abus, mais qu'il convient, dans le même temps, de protéger les moins aisés qui sont incontestablement confrontés à des problèmes financiers ne leur permettant pas de payer leurs factures dans les délais impartis. La CEP-L signale en outre l'importance d'agir aussi de façon préventive. L'information et la sensibilisation à l'utilisation rationnelle de l'énergie devraient être promues et adressées notamment aux personnes qui risquent d'avoir ou qui ont déjà connu des retards de paiement de leur facture d'électricité ou de gaz.

La Chambre de Travail considère que les services d'intérêt général sont des éléments essentiels pour la cohésion sociale et la solidarité et constituent un pilier important du modèle social luxembourgeois. «Une importance particulière revient au traitement des clients qui sont en défaillance de paiement en raison de difficultés financières. Il est vrai que le paragraphe (8) de l'article 3 fixe des règles en cas de défaillance de paiement. Notre chambre estime cependant que ces règles sont trop draconiennes et ne confèrent pas un droit à une livraison minimale d'électricité à des clients nécessiteux. (...) Notre chambre demande que le projet de loi prévoie une procédure plus précise conférant un droit au client de faire analyser rapidement sa situation financière par une instance publique qui doit décider que le client est pris en charge s'il ne peut pas payer ses factures d'électricité (...).»

Amendement 4: Évaluation relative aux mauvais payeurs, aux déconnexions et aux compteurs à prépaiement

L'article 54, paragraphe 3, du projet de loi est modifié comme suit:

«(3) Le régulateur établit un rapport sur les résultats de ses activités de surveillance et de contrôle qu'il transmet au ministre. Ce rapport mentionne également les mesures concrètes prises au niveau national pour garantir la présence sur le marché d'une diversité suffisante d'acteurs ou les mesures concrètes prises pour favoriser l'interconnexion et la concurrence de même qu'un chapitre spécifique traitant des informations relatives aux aides accordées, voire refusées par le Fonds national de Solidarité ainsi que du nombre de compteurs à prépaiement placés par les fournisseurs. Ce rapport est établi annuellement jusqu'en 2010 inclus et ensuite tous les deux ans. Il est transmis à la Commission européenne, au plus tard le 31 juillet.»

Commentaire:

L'amendement se réfère également à l'avis séparé du Conseil d'État. Il y propose que le rapport annuel du régulateur contienne un chapitre spécifique qui informe sur le nombre de citoyens qui peinent avec la concrétisation du droit à l'électricité pour tous. La disponibilité de ces données est une condition sine qua non pour pouvoir se faire une image fidèle de la réalité sociale dans le secteur de l'énergie et pour pouvoir - en tant que gouvernement ou parlement - évaluer périodiquement la pertinence des dispositions légales.

(s.) Henri Kox, François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Viviane Loschetter.

Aus ëmweltpolitesche Grënn si besonnesch d'Artikele bezüglech der Obligation de raccordement respektiv den Accès aux réseaux vun neien Anlagen, an hei besonnesch vun Erneierbar-Energie-Produktiounsanlagen, respektiv der Obligation, de Service public an de Mécanisme de compensation ze benennen.

Mir begréissen dës Artikelen ausdrécklech, gi si dach den erneierbaren Energien d'Prioritéit, fir hir ëmweltfrëndlech Energie an d'Netz kënnen anzespeisen. Och d'Ouvertür, déi am Gasgesetz gemaach gouf, begréisse mir ausdrécklech. Mat dëser Ouvertür ass et nämlech méiglech, grouss Biogasanlagen iwwert de Wee vun der Gasaspeisung méi wirtschaftlech bedreiwen ze kënnen.

Wa mer mam Prinzip kee Problem hunn, esou hu mer awer bei der Ëmsetzung vun dëser Regelung méi Problemer. Esou plädéiere mir och d'Frais de raccordement respektiv d'Fraisen am Zesummenhang mat den Etüden iwwert de Wee vun den Netzkäschten ze sozialiséieren. Dëst entspréicht och éischter dem Prinzip vum Pollueur-payeur a bedeelegt indirekt domat sämtlech Energieverbraucher um Opbau vun enger nohalteger Energieversuergung.

Duerfir si mer a bleiwe mer der Iwwerzeegung, dass de Prinzip vum Mécanisme de compensation de richtege Wee ass. E Prinzip, deen d'Käschte vun der Ënnerstëtzung fir erneierbar Energië respektiv effizient Energieproduktiounsanlage wéi d'Cogénératiounen op sämtlech Energieverbraucher jee no Verbrauch opdeelt.

Hei gouf et jo an de leschte Jore vill kontrovers Ausenanersetzungen, besonnesch am Zesummenhang mat der Fotovoltaik. Vläicht awer nach eng Kéier zur Kloerstellung: Nach haut sinn d'erneierbar Energien ëmmer nëmme fir 25% vun de Käschte vum Fonds de compensation verantwortlech. Et sinn d'Cogénératiounen, déi nach ëmmer de gréissten Undeel vun dëse Käschten ausmaachen. Mir stinn awer souwuel hannert de Käschte fir d'erneierbar Energië wéi hannert de Käschte vun de Cogénératiounen, well mer der Iwwerzeegung sinn, nëmmen iwwert dee Wee e Paradigmawiessel am Energieberäich ze erreechen. Vill vun deene Cogénératioune ginn nämlech ënner kommunaler Verantwortung bedriwwen.

Här Minister, Dir kënnt jiddefalls op eis voll Ënnerstëtzung zielen, wann et heescht dëse Prinzip weiderhin zu Bréissel ze verdeedegen. Do, wou mer awer nach ëmmer Divergenzen hunn, ass iwwert d'Ëmverdeelung respektiv d'Héicht vum Kompensatiounsfong.

Dës Angscht iwwert ze héich Käschten huet nämlech staark d'Reglementer iwwert d'Förderung vun den erneierbaren Energië beaflosst. Déi nei Reglementer, déi e Méindeg an enger gemeinsamer Kommissiounssitzung vun der Ëmwelt- a Wirtschaftskommissioun presentéiert goufen - et war zwar nëmmen eng hallef Stonn Zäit, am Virfeld hate mer och keng Dokumentatioun zougestallt krut; Dir hutt awer eng hallef Stonn iwwert deen neien Netzzesummebroch vun der Cegedel geschwat, duerfir gouf just eng hallef Stonn iwwert d'Förderung vun den neie Reglementer geschwat -, weisen d'Fördersätz op, déi d'Wirtschaftlechkeet...

(Interruption)

Ech mengen, ech war awer do. Et kann een alles noliesen.

M. le Président.- Här Minister?

M. Jeannot Krecké, *Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.*- Neen. Entschëllegt. Ech hat awer d'Impressioun, den Här Kox wier do an enger anerer Sitzung gewiescht. Ech ka mech net erënneren, dass ech eng hallef Stonn iwwert d'Cegedel geschwat hunn.

Une voix.- Plus ou moins.

M. Henri Kox *(DÉI GRÉNG).*- Oh, ech hu souguer de Wecker gekuckt. Et war fënnef vir hallwer zwielef.

Une voix.- Maacht ee Kompromëss!

M. Henri Kox *(DÉI GRÉNG).*- Déi Reglementer, déi do presentéiert goufen, weisen d'Fördersätz op, déi fir e groussen Deel vun den Anlagen d'Wirtschaftlechkeet nach ëmmer kaum erreechen. Bis elo waarde mer nach ëmmer op d'Zuelen, fir kënnen déi Wirtschaftlechkeet zesumme mam Wirtschaftsministère ze vergläichen. Besonnesch d'Fotovoltaik weist de Moment eng vill ze vill kleng Aspeisevergütung op.

De Prinzip vu moderaten Aspeisungssätz a klenger Degressioun iwwert déi nächst Joren huet nämlech zur Konsequenz, dass och an den nächsten zwee Joer séier wéineg Anlagen opgeriicht wäerte ginn. Dëse Prinzip ass och contraire zu den Empfehlungen aus der Potenzialstudië, déi méi staark Degressioun wéinst dem Technologiefortschrëtt verlaangt.

Ech ginn lech haut schréftlech, dass de Bilan am Beräich vum Ausbau vun den erneierbaren Energië fir dës Regierung vernichtend wäert ausfalen. Dobäi hutt Der all d'Argumenter op Ärer Säit. Dir braucht lech just d'Säit 220 aus der Potenzialstudië unzekucken, wou en Zeenarioverglach vu Käschte versus Notze vun erneierbaren Energien opgestallt gouf. Eleng dëse Verglach weist, dass d'Käschte fir den Ausbau vun den erneierbaren Energien eleng duerch déi net getätegt Ausgabe fir fossil Energieträger kompenséiert ginn.

Ech zielen d'Käschten, wéi se hei an der Potenzialetüd virgestallt goufen, emol einfach op. D'Förderkosten, esou wéi se vum Wirtschaftsminister festgeluecht gi bis 2020, weisen e Chiffer op vu 681 Milliounen Euro. „Vermiedene Ausgaben für fossile Energien gesamt" weisen e Chiffer vu 629 Milliounen Euro op. Dat heescht, iwwert d'Längt vun der Förderung eng sougenannten Nullronn. An dobäi sinn déi wirtschaftlech Ëmweltschied nach emol guer net mat berücksichtegt. Dat wat am „Stern-Report" am Januar presentéiert gouf, léisst sech also ganz konkret hei zu Lëtzebuerg novollzéien an och beweisen.

Duerfir, Här Minister, eleng eng lescht Bitt: Ech bieden lech am Numm vun enger nohalteger an zukunftsorientéierter Energiepolitik, fir e Freideg bei den Diskussiounen am Regierungsrot iwwert déi nei Reglementer méi eng couragéiert an offensiv Politik anzeschloen!

E puer Sätz zu de Réseauen an der Propriétéit vun de Réseauen. D'Réckgrat vum liberaliséierte Marché. Et ass grad op deem Punkt, wou déi Gréng eng ganz Rei Initiativen a Virschléi gemaach hunn, fir ze kucken e séchert Netz an öffentlecher Hand opzebauen. Ech verweisen ënner anerem op de Bericht vum grëngen Europadeputéierten, dem Claude Turmes, am Optrag vum Wirtschaftsminister.

D'öffentlech Hand muss den Daum op den Netzinfrastrukture behale respektiv zréckkréien. D'Beispill aus Däitschland respektiv den Netzzesummebroch virun zwee Joer si grad op d'Netinvestéieren um Netz zréckzefëieren. Déi kuerzfristeg Gewënnmaximiéierung vu privatrechtleche Besëtzer priméiert dobäi oft op der Sécherheet vum Netz.

En öffentlecht Netz ass de Garant fir d'Versuergungssécherheet souwéi d'Neutralitéit vun de kommerziellen Aktivitéite vum Gestionnaire de réseau vis-à-vis vun den ënnerschiddleche Fournisseuren, Produzenten a Clienten. Ech hoffen, dass duerch d'Initiativ vun der Gesetzespropos vun DÉI GRÉNG an DP vum leschte Méindeg an der Ënnerstëtzung vun der Sozialistescher Partei mëttlerweil den Drock op den Innenminister esou grouss gëtt, dass endlech Kloerheet geschafe gëtt, fir de Gemengen déi wichteg gesetzlech Basis ze ginn.

Dem Wirtschaftsminister seng geheim an an där donkelster Donkelkammer gefouert Gespréicher respektiv Décisiounen iwwert déi zukünfteg Energiepolitik kënne mir net guttheeschen. Sämtlech Acteure vun uewen erof ënner een Hutt ze kréien a quasi mat sämtlechen auslänneschen Acteure wéi d'RWE, d'Electrabel, d'E.on oder och nach d'EDF an engem Boot ze sëtzen ass contraire zum Gedanken, d'Konkurrenz um Energiemarché, besonnesch un der Ugebuetsäit, spillen ze loossen.

Wou Der jiddefalls eis voll Ënnerstëtzung hutt, ass beim Opbau vun engem staarken Netz ënner öffentlecher Kontroll. Déi historesch gewuesse Strukture vun zwou groussen Netzgesellschafte wéi der Cegedel an der Sotel hunn dozou gefouert, dass op verschiddene Strecken haut schonns eng duebel Ausféierung besteet. Hei léisst sech deemno duerch den Zesummeschloss respektiv enger Netzgesellschaft an öffentlecher Hand villes vermeiden. Dëst ëmsou méi, dass keng Konkurrenz um Netz sollt entstoen.

Wéi ass et mat de Modalités relatives aux ouvrages électriques? «La modification et le renouvellement de tout ouvrage électrique sont réalisés aux conditions économiquement les plus avantageuses.»

Do hate mer eng länger Diskussioun an der Kommissioun, well am Gesetz just «Conditions économiques» steet. D'Referenz op d'Marchés-publics-Gesetz hu mer dofir an d'Gesetz ageschriwwe fir méi Kloerheet a fir däitlech ervirzesträichen, dass net nëmmen no ekonomesche Gesiichtspunkten däerf gekuckt ginn. Dat gëtt awer vum Statsrot als superfétatoire ugesinn. Et weist awer, dass des Öfteren an der Praxis dëst zur Misswierkung dobausse féiert.

Net nëmmen déi allgemeng Missachtung vun der Roll vun de Gemengen an dësem Dossier huet zu heftege Reaktiounen innerhalb de Gemenge gefouert - dëst besonnesch beim Benotze vun de kommunale Weeër respektiv wat d'Bezuele vun de Fraisë beim Zéie vu Grief ubelaangt.

Net nëmmen, dass hei eng Opposition formelle vum Statsrot virlouch, mä och de Syvicol als Vertrieder vun de Gemengen huet seng grouss Bedenken ervirbruecht. Besonnesch d'Entbannung vum Concessionnaire de transport oder de distribution vun enger Permission de voirie au niveau communal ass géint de Prinzip vun engem Rechtsstat.

Mir hunn duerfir och beim zweeten Avis vum Statsrot, dee seng Opposition formelle oprecht hält, kaum Bauchwéi a gesinn och net d'Gefor, dass et elo zum Stëllstand bei der Erneierung oder dem Ausbau vu Stroumleitunge kéint kommen.

D'Instrument vum Plan sectoriel zum Beispill gëtt der Regierung déi néideg Planungssécherheet jo och an erlaabt Korridoren ze definéieren, wou a wéi en Ausbau kann erfollegen. Wann dëse sektorielle Plang mat kloren an novollzéibare Kritäre versinn ass, hu mir och kee Problem mat dem Ausbau. D'Gefor vun engem Stëllstand ass also net ze erwaarden, och wann d'Gemengen elo d'Recht kréien - esou wéi dat bei de GSM-Antennen de Fall ass - explizit Zonen an hirem PAG ze definéieren a fräi vun esou Leitungen ze sinn.

E weidere ganz kontrovers diskutéierte Punkt war d'Verleeë vu Mëttel- an Nidderspannungsnetzer an de Buedem respektiv d'Käschte vun dësen Aarbechten. D'Kommissioun huet de Prinzip aktéiert, d'Verleeën an de Buedem ëmmer ze verlaangen, et sief awer, dass et technesch net méiglech ass oder de Präis a sech ze héich ass. Déi nei Regelung geet deemno méi wäit wéi dat aalt Gesetz an hält fest, dass ëmmer muss an de Buedem verluecht ginn.

Wat d'Käschte vun dëser Mise en souterrain ugeet, esou bestoung d'Regelung, dass d'Gemengen iwwer 80% vun de Gruefkäschten hu missen iwwerhuelen. Dës Regelung gouf säit laangem vu ville Gemengen a Fro gestallt an och vun eiser Fraktioun. D'Regelung vum jëtzege Gesetz vun enger 50-prozenteger Partizipatioun kënnen déi Gréng duerfir och net deelen.

D'Verleeën an de Buedem huet eng ganz Rei vu Virdeeler vis-à-vis vun enger Iwwerlandverleeung. Niewent enger méi optescher Verbesserung huet d'Verleeë vun de Leitungen an de Buedem awer och aus sécherheetstechnesche Grënn eng ganz Rei vu Virdeeler, besonnesch bei Stierm.

D'Fraisë vun esou enger Technik mussen aus Siicht vun deene Grénge ganz kloer op d'Netzkäschten ëmgeluecht ginn. Iwwregens ass dat och esou gehandhaabt bei all den Tëlefonsleitungen. Et kann net sinn, dass d'Gemengen haut ugehale ginn, am Waasserberäich eng Käschtendeckung unzestriewen, mat all de Konsequenze fir den Endverbrauch, dëst awer am Stroumverbrauch net soll de Fall sinn. Och an dësem Beräich musse sämtlech Käschten, déi entstinn, sozialiséiert ginn an net iwwer eng Quersubventionéierung kënschtlech no ënne gehale ginn.

Wann d'Fraisë fir e Konsument doduerch méi héich sollte ginn an déi sozial méi Schwaach Problemer sollte kréie fir ze bezuelen, mussen déi Leit duerch eng geziilte Sozialmesure respektiv -instrumenter gehollef kréien.

Sozialpolitik kann an däerf och net mat Hëllef vun der Energiepolitik geléist ginn, ëmsou méi dëst Gesetz dem Concessionnaire d'Recht zougesteet, d'Domaines public et privé de l'État et des communes gratis ze benotzen. Eleng dëst Recht geet ganz wäit iwwert d'Fraisen eraus, déi bei de Gruefkäschten entstinn.

E weidere Punkt, dee vum Statsrot och a sengem zweeten Avis mat enger Opposition formelle versi war, ass d'Cession d'ouvrages électriques. Esou huet de Regierungstext virgesinn, dass e Propriétaire vun engem Réseau nëmmen de Réseau un en Drëtten kann ofginn, deen déi gréissten Extensioun nationale opweist - eng sougenannte Lex-Cegedel-Net-Moossnam. D'Opposition formelle gouf awer och a sengem zweeten Avis vum Statsrot oprechterhalen. Sollte mer et fäerdeg bréngen, an dorunner probéieren déi Gréng matzeschaffen, dass d'Netzer an d'öffentlech Hand sollten iwwergoen, stäipe mer d'Regierung an enger neier parlamentarescher Initiativ an dësem Beräich, fir dës Oppositioun formelle kënnen ze hannergoen.

Här President, Dir Dammen an Hären, zum Schluss nach eng Kéier méi allgemeng Remarquen zu der Transparenz, der Kontroll an der Partizipatioun vun der Zivilgesellschaft. Besonnesch d'Transparenz iwwert den Étiquetage, also deen iwwert d'Zesummesetzung vum Stroummix läit eis do um Häerz. Och hei feelt leider, wéi insgesamt an dëse Gesetzer, de Règlement grandducal, deen dësen Étiquetage reglementéiert.

Aus Siicht vun eiser Fraktioun ass besonnesch d'Transparenz bei der Stroumkennzeechnung ganz wichteg. De Client muss kënnen unhand vun enger klorer Kennzeechnung d'Zesummestellung vu senger Energie novollzéien.

Wa mer d'Leit wëlle mat an d'Boot huele vun der Verantwortung, fir dass se hir Verantwortung huele beim Kampf géint de Klimawandel, esou musse mer och dofir suergen, dass de Konsument och déi néideg Instrumenter zur Verfügung gestallt kritt, fir dat och entspriechend ëmzesetzen.

Nëmme bei klorer Kennzeechnung iwwert den Undeel vun atomarem Müll respektiv CO_2-Ausstouss bei der entspriechender Energie kënne mer de Konsument dorop hiweisen, fir e Paradigmawiessel an der Energiepolitik mat hëllefen anzeleeden.

Duefir wäerte mer och als gréng Fraktioun déi déposéiert Motioun mat ënnerstëtzen.

E weidere Punkt ass d'Incompatibilitéit de la fonction du commissaire. Esou wéi de Rapporteur a senger Ausféierung bemierkt, ass et och fir déi Gréng wichteg, e Poste vun engem Kommissär besonnesch am Beräich vun der Energie innerhalb vum Département de l'énergie ze hunn. Wou mir awer Problemer gesinn hunn, ass de Rôle, deen de Kommissär innerhalb vu sengen Tâchen ze erfëllen huet. Esou ass et net normal, dass de Kommissär engersäits de Stat innerhalb der Firma representéiert, wou de Stat Aktionär ass, a gläichzäiteg soll de Rôle vum Kontroller iwwerhuelen.

Hei si mer frou, dass zumindest d'Amendement vun der grénger Fraktioun ugeholl gouf, fir d'Tâchen esou ze spezifizéieren, dass déi Incompatibilitéit sech net stellt. Et stellt sech awer méi eng generell Fro iwwert d'Partizipatioun vum Stat innerhalb vun der Energiewirtschaft hei zu Lëtzebuerg.

D'Trennung tëschent der Representatioun an der Kontroll ass oft net ëmmer esou ginn. Dës Representatioun innerhalb vun esou Sociétéiten ass scho problematesch, wann déiselwecht Persoun gläichzäiteg ee Gesetz iwwert déi betreffend Gesellschafte muss ausschaffen.

Dës Feststellung, zumindest d'Bedenken ass awer net nëmmen der grénger Fraktioun opgefall, mä an engem Kommentar aus enger Lëtzebuerger Zeitung, déi der Sozialistescher Aarbechterpartei relativ nosteet, konnt ee virun e puer Woche liesen - ech zitéieren: „Ein Minister, der nach gut zwei Jahren im Amt in den Strudel einzelner Berater geraten ist, die in ihrem Nebenjob in Verwaltungsräten großer Energiekonzerne sitzen."

Dëst huet vläicht mëttlerweil dozou gefouert, dass d'Diskussioune vum Minister am Beräich vun der Energie hei zu Lëtzebuerg oft eben an der donkelster Donkelkammer gefouert ginn.

Dëst trëfft awer net nëmme fir de Wirtschaftsministère zou, genauesou sinn och aner Ministèren heivu betraff. Mä erstaunlech ass et natierlech, wann d'Leit aus dem Innenministère de Rôle als Interessevertrieder vum Stat an Energiegesellschaften iwwerhuelen, gläichzäiteg awer deeselwechte Ministère de Gemenge wëllt d'Kompetenz an deem Beräich ofstreiden. Och d'Gemengen hunn niewent dem Stat e wichtege Rôle hei ze iwwerhuelen. Och hei ënnerstellen ech kengem en Abus, d'Afrostelle vun dëser Vermëschung muss ech awer opwerfe kënnen. Besonnesch an dësem Kontext, wou dach d'Gemenge mat Vehemenz an dësem Dossier ëmmer nees aus dëser Aufgab erausgedréckt ginn.

E weidere Punkt, an dat ass mäi leschte Punkt, ass de Rôle vum Régulateur. De Régulateur huet, besonnesch an engem liberaliséierte Marché, e ganz wichtege Rôle ze iwwerhuelen, well hie soll de Garant si fir e sécheren a proppere Fonctionnement vum liberaliséierte Marché.

2. Dépôt d'une proposition de loi

Duerfir erlaabt mer, dass ech eng Gesetzespropos déposéieren, déi dem Régulateur en zousätzleche Comité bäiordnet. Mir haten an der Kommissioun doriwwer geschwat, wou zum Amendement gesot ginn ass, dass deen net richteg an dëst Gesetz géif passen, mä éischter an d'Gesetz vum Régulateur. Duerfir hunn ech mer erlaabt, dëse Passus dann an enger Gesetzespropos zum Régulateur bäizesetzen.

- Proposition de loi N°5747 relative à la modification de la loi modifiée du 30 mai 2005 portant 1) organisation de l'Institut Luxembourgeois de Régulation, 2) modifcation de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État.

An dee Régulateur soll mat engem «comité consultatif réunissant des représentants des petits et grands consommateurs d'énergie, des petits et grands producteurs d'énergie, des gestionnaires de réseau, de distribution et de transport, des travailleurs ainsi que des associations de protection de l'environnement luxembourgeoises» als Missioun hunn, de Régulateur bei senger Missioun ze begleeden.

M. le Président.- Et ass also den Dépôt vun enger Proposition de loi?

M. Henri Kox *(DÉI GRÉNG)*.- Jo. Merci, Här President.

3. 5605 - Projet de loi

1) relative à l'organisation du marché de l'électricité;

2) instaurant un poste de Commissaire du Gouvernement à l'Énergie;

3) abrogeant

- la loi modifiée du 14 décembre 1967 portant institution d'un poste de Commissaire du Gouvernement, portant création d'un Service de l'énergie de l'État et concernant l'exploitation des centrales hydroélectriques d'Esch-sur-Sûre et de Rosport;

- la loi du 4 janvier 1928 concernant l'établissement et l'exploitation des réseaux de distribution d'énergie électrique dans le Grand-Duché de Luxembourg approuvant la convention de concession du 11 novembre 1927 ainsi que ses annexes;

- la loi du 30 juin 1927 approuvant le contrat de fourniture de courant du 11 avril 1927 pour l'électrification du Grand-Duché de Luxembourg;

- la loi du 2 février 1924 concernant les distributions d'énergie électrique dans le Grand-Duché de Luxembourg;

- la loi modifiée du 24 juillet 2000 relative à l'organisation du marché de l'électricité;

et

4) modifiant

- la loi du 30 mai 2005 portant 1) organisation de l'Institut Luxembourgeois de Régulation; 2) modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État;

- la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État

et

5606 - Projet de loi relative à l'organisation du marché du gaz naturel et abrogeant la loi modifiée du 6 avril 2001 relative à l'organisation du marché du gaz naturel et portant modification 1) de la loi modifiée du 24 juillet 2000 relative à l'organisation du marché de l'électricité et 2) la loi modifiée du 14 décembre 1967 portant institution d'un poste de Commissaire du Gouvernement, portant création d'un Service de l'énergie de l'État et concernant l'exploitation des centrales hydroélectriques d'Esch-sur-Sûre et de Rosport (suite)

Discussion générale (suite)

Ech kommen zum Schluss. Aus menger Ausféierung zu dësem Gesetz geet ervir, dass déi Gréng domat sécherlech dës Gesetzer net kënne matstëmmen. Éischtens eng ganz Rei vu formalistesche Problemer hate mer, fir dat alles kënnen nozevollzéien. Quant à la forme kënne mer doduerch dat heiten net ënnerstëtzen. Quant au fond ass et besonnesch de soziale Volet, deen eis ganz déifgräifend Suerge mécht, well deen net ausräichend, souwuel vun de Majoritéitsparteie wéi och vun der Regierung, ausgeduecht ginn ass.

Och am ekologesche Beräich sinn eng ganz Rei vun Elementer, déi méi wäitgräifend hätte missen duerchgegraff ginn. Och am demokratesche Verständnis sinn eng Rei vu Mësstéin innerhalb vun dësem Gesetz nozeliesen an erauszehéieren.

Duerfir: Zum Schluss wëlle mer nach eng Kéier drop hiweisen, dass mer dëse Gesetzer net zoustëmmen an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Kox. D'Wuert huet elo den Här Mehlen. Här Mehlen, wann ech gelift!

M. Robert Mehlen *(ADR)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll mech ganz kuerz deene Mercien an, ech géif bal soen, Félicitatiounen uschléissen, déi hei ausgesprach gi sinn. Ganz besonnesch un d'Adress vum Président-Rapporteur, deen et effektiv an enger ganz schwiereger Situatioun - an heiansdo an engem Imbroglio, wou ee bal den Duerchbléck verluer huet -, ëmmer erëm fäerdeg bruecht huet, fir d'Diskussioune weiderzebréngen a leschten Enns, wann och mat vill Utsch a Wéi, dach derfir ze suergen, datt dat Gesetz elo ganz kuerz virun de parlamentaresche Vakanze ka gestëmmt ginn.

Dat ass ganz sécher kee Paradebeispill vu gudder parlamentarescher Aarbecht an ech schléisse mech och dem Président-Rapporteur sengen Iwwerleeungen un, wat d'Moyenen ubelaangt, déi d'Parlament huet, wann et sech esou engem décke Batz wéi deem heite vis-à-vis gesäit.

Et ass, Här President, e ganz technescht Gesetz. Dat gesäit een eleng am Artikel 1, wou een am Stroumgesetz eleng 53 Definitioune virfënnt, am Gasgesetz der 41. Ech hätt mer gär de Plëséier gemaach, se hei der Rei no opzezielen, nëmme fir no baussen däitlech ze maachen, wéi technesch dat Ganzt ass. Leider feelt mer d'Zäit dofir.

Eleng de koordinéierten Text vum Gesetz, dat si beim Stroum knapps 50 Säiten a beim Gas knapps 40 Säiten. Ech mengen, dat ënnersträicht de Volume an d'Komplexitéit vun deem Gesetz.

Mir haten och - dat hunn anerer scho gesot - 19 Sëtzungen. An et muss ee wierklech bedaueren, datt dat alles ënnert deem enormen Zäitdrock huet misse stattfannen. Zäitdrock, deen dodra bestanen huet, datt mer alles wollte maachen an och wëlle maachen, fir deene Strofen ze entgoen, déi eis wéi en Damoklesschwert iwwert dem Kapp hänken.

Hei sinn effektiv déi elementar parlamentaresch Spillregelen, un déi mir gewinnt sinn eis ze halen, mëssuecht ginn. Dat hätt, Här President, net misse sinn. Et hätt net däerfe sinn!

D'Erklärungen, déi mir jo vu Säite vun der Regierung kritt hunn, sinn déi, datt déi viregt Regierung effektiv vill ze vill laang geschlof huet oder praktesch näischt gemaach huet. An dann, wa gesot gëtt, datt et am Ministère vun deem Moment un u Fachleit gefeelt hätt, fir dat kënnen ëmzesetzen, ech mengen da muss een, egal wéi et ass, an der Regierungsverantwortung déi néideg Moossnamen ergräifen: Sech entweder déi richteg Leit eranhuelen oder et muss een effektiv sech Hëllef vu bausse siche goen, wat, wéi et schéngt, leider net geschitt ass.